



Lycée nun eben emol hat iwwert déi lescht Joren an och haut nach, mä et ware virun allem strukturell Froen, déi awer Problemer opgeworfen hunn. Wéi zum Beispill, datt dat Gebai keng Méiglechkeet hat, sech auszudehnen. Datt mer haut just den Ennergrad do hunn. Datt dee Lycée hei a Konkurrenz steet fir de Recrutement vu Schüler mat, soe mer emol, deene groussen Tankeren, déi mer dann awer an der Stad Lëtzebuerg, virun allem och um Lampertsbiert an direkter Émgéigend hunn; traditionssäich Lycéeën, Lycée-techniquen, wou den Zoch vläicht, fir seng Kanner dohinner aschreiwene goen, e Stéck wäit méi grouss ass wéi an en neien, dach awer dann e bëssen och nach méi ofgeleeëne Lycée technique.

Duerfir denken ech, datt mer déi dote Froen net geléist kritt hätte mat engem neie Konzept. Déi strukturell Schwierigkeeten, fir den Uelzecht-Lycée ze positionéieren; déi wäeren ab-solutt bliwwen.

Mir hunn och du gekuckt, wat ee kéint maachen. A mir sinn dunn op d'Iwwerleeung komm, fir ze kucken, e Partner ze fannen, wou een eppes kéint zesummeleeën, wat beienee géif passen, wat complémentaire wär. A wann ee kuckt, wat den Uelzecht-Lycée ubitt, wann ee kuckt, wat de Lycée technique des Arts et Métiers ubitt, dann ass dat zum ganz, ganz groussen Deel complémentaire. Et ass e puer-mol hei de Mëtten an der Debatt ugeschwat ginn, dass de Lycée technique des Arts et Métiers eigentlech net genuch Capacitéit huet, fir Schüler vum Ennergrad opzehuelen, net Capacitéit huet, fir dat ze maachen, wat mer eigentlech allegueren heibanne ganz oft fuerderen, nämlech, fir och de Préparatoire mat ze integréieren. Allerdéngs op där anerer Säit huet den Uelzecht-Lycée ebe grad déi Capacitéit an zum Beispill och am Gesetz, an haut fonction-néiert dat jo och esou, a bitt den Enseignement secondaire mat un. Dat heescht, et kommen zwou Saache beieneen, déi schonn e Ganzt kennen...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Wann ech gelift!

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.** - ...déi schonn e Ganzt kennen duerstellen a beienee gehéieren, fir dann eigentlech och en neie Profil kennen ze schafen.

Firwat och de Lycée technique des Arts et Métiers? Nun, ech denken, datt, wa mer grad soen, mer brauchen e klore Profil, mer wëssen, datt déi Traditionsschoul e klore Profil ëmmer hat, haut och nach ëmmer huet, an an den Ausbildungszweiger, déi se ubitt, dat ganz besonnesch awer mat der Konscht a virun allem och dem Handwierk awer zwou Richtunge sinn, déi mer méi staark mussen accentuéieren an eiser schoulescher Offer. An duerfir, wa mer eppes zesummeschleissen, wou mer insgesamt méi Capacitéit kréien, wou mer vun ënnen erop dann och méi Schüler nach kennen deenen dote Formationen zouféieren herno, et ebe ganz besonnesch och interessant ass, grad déi dote Schoul ze huelen.

Ech féiere gären déi Diskussioun, déi de Claude Adam ugereegt huet iwwert d'Gréisst vun de Gebaier, déi optimal Gréisst. Allerdéngs muss mer och do wëssen, wat méiglech dann ass. A mer kennen net esou vill Konditiounen herno opstellen, wat eng Schoul alles muss respek-téieren. Se därerf net méi wéi esou vill Schüler hunn, se muss op där anerer Säit dann awer all Ordre d'enseignement wa méiglech nach ubiden. Muer komme mer och nach dohinner a soen, mer brauchen och nach Klassen à régime linguistique spécifique, déi muss mer och nach ubidden. Mir wëllen eng Diversifizéierung vun der Offer jo och nach an déi Richtung maachen. Jo, dann iergendwa geet et awer eng Kéier net méi mat Lycéeën, déi vläicht just 1.200 Schüler hunn. Da brauch een, an dat ass einfach eng Fro vun der Arithmetik, och Etablis-sementer, déi e Stéck wäit méi grouss sinn.

Ech gesinn duerchaus Schwierigkeeten, een Etablissement - an där hu mer jo awer och e puer - gutt ze géréieren, wou ech awer mengen, datt duerch déi Direktiounen an hir ganz Équipe vun Enseignanten, déi sech do wierklech ganz gutt Méi maachen a wierklech dat Allerbescht draus maachen, wa se iwwer 2.000 Schüler hunn, wann et op engem Site ass.

Hei allerdéngs ännere mer jo eigentlech näischt. Et kommen hei net méi Schüler herno op de Lampertsbiert an et kommen och net méi Schüler op Dummeldeng, wéi der haut do sinn, soudatt d'Gestioun vun deene Sitten, vun deene Schoulgebaier eigentlech doduerjer net erschwéiert ass. An op där anerer Säit hu mer awer insgesamt méi eng grouss kritesch Mass, fir eben dat ze erreechen, wat mer ebe grad gären hätten, datt mer sämtlech Ordres d'en-seignement ubidden, datt mer mat ënnerschid-dleche Sproocheformulle kënnen schaffen an datt mer eben och kënnen vun enne bis uewen hinner munches ubidden, soudatt de Wee vun

de Schüler vläicht éischter direkt an dat doten Etablissement féiert.

Well mer wëssen - et ass hei am Land esou, et ass am Ausland esou, et ass reng statistesch ze beleëen -, datt ganz vill Schoulen, déi eben net weiderféierend Ausbildungsméiglechkeeten ubidden, oft Schwierigkeeten hunn ze rekruteéieren, well einfach d'Elteren an d'Kanner fir d'Alleréischten wëllen an déi Schoul goen, wou se och herno d'Méiglechkeet hunn, direkt do ze bleiwen an net wëllen onbedéngt an der Hal-schwent vun hirem Parcours nach e Wiessel maachen.

Mir hunn zu Lëtzebuerg virun allem net déi doten Tradition. Mir wëssen, datt d'Fransouse se hu mam Collège a mam Lycée. An hei ass dat doten e bësse probéiert ginn. Mir hunn awer gesinn, datt et eigentlech net esou richtig ge-graff huet.

D'Fro ass natierlech berechtegt, déi hu mer eis och gestallt: Dir maacht jo awer elo dat-selwecht beim Clierfer Lycée?

Jo, do hu mer elo just am Gesetz stoen, datt mer den Ennergrad wëllen ubidden. Ech wëll awer soen, datt mer amgaange sinn, driwwer nozedenken, a mir hunn hei schonn noge-duecht, mer sinn amgaangen driwwer ze schreiwene, fir och do weiderféierend Bildungs-offerté kënnen mat an de Clierfer Lycée à moyen terme ze integréieren. An ech denken, datt do, wann ech hei vun de strukturelle Problemer ge-schwat hunn - de Plazmangel, et kann een näischt bäibauen, et ass eng grouss Konkurrenz vu Schoulen an der Émgéigend -, mer zu Clierf an enger ganz anerer Situatioun sinn. Do sinn all déi Famillje mat hire Kanner, déi ronderëm Clierf wunnen, an där Regioun wunnen, ex-trem frou, datt déi Schoul dohinnerkënn. An et wäert se an engem natierleche Wee eigent-lech dohinnerzéien, well se soss vill méi wäit missten Dag fir Dag an hir Schoul fueren, sou-datt mer do eng ganz aner Situatioun virfan-nen, och wa mer bereet sinn, op de Wee ze goen, fir do nach weider Offerten ze maachen.

Nach just ee lescht Wuert zur Opposition for-melle, well dat hei e puermol ugeschwat ginn ass: Mir haten eigentlech d'Intentioun, Kloer-heet ze schafe mat dësem Gesetz. Duerfir hu mer drageschriwwen, wat mam jëtzenge Direk-ter vum Uelzecht-Lycée geschitt. Dat, wat mer proposéiert hunn, war jo net de Grond, datt mer eng Opposition formelle kritt hunn. Mir hunn eng Opposition formelle kritt, aus deemjéinege Grond, datt hei zwar Kloerheet geherrscht hat an dat och am Konsens ge-maach ginn ass, datt een net méi hätt kënnen Recours dergéint huelen, well et eng Décisioun vum Législateur gewiescht wär an net eng ad-ministrativ Décisioun, wou een hätt kennen dergéint nach Recours huelen. Duerfir hu mer finalement dann optéiert, zesumme mat der Chamberskommissioun, fir deen Artikel erauszehuelen.

Et ass och elo esou, wann ee sech d'Fro stellt: Hu mer herno zwee Direkteren an deem Eta-blisement? Reng formal gesinn, eng Zäit laang sécherlech jo. Mä, och ab dem 15. September wäert de jëtzenge Direkter vum Uelzecht-Lycée eng Missioun kréie vum Ministère, fir sech spe-zifesch ëm en anereren Dossier ze këmmere, soudatt dat de facto och net wäert de Fall sinn an d'Strukturen an där Schoul, am Lycée des Arts et Métiers, wéi en da wäert heeschen, ganz kloer sinn a kohärent sinn.

Villmools Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Minister. A mir géifen elo dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6809 et dispense du second vote constitutionnel

De Vote fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer. De Projet 6809 ass mat 34 Jo-Stëmmen bei 26 Enthaltungen ugehall.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. André Bauler), Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Serge Urbany et David Wagner.

Se sont abstenus: Mmes Diane Adegem, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf,

Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Marcel Oberweis) et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir géifen zum nächste Punkt vun eise-m Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6656 iwwert de Contrôle médical - dee mer och net onbekannt ass -, an d'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur vum Projet, den Här Georges Engel.

5. 6656 - Projet de loi modifiant les attributions du Contrôle médical de la sécurité sociale et modifiant:

1. le Code de la sécurité sociale;

2. le Code du Travail;

3. la loi modifiée du 15 décembre 1993 déterminant le cadre du personnel des administrations, des services et des juridictions de la sécurité sociale

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

► **M. Georges Engel (LSAP), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Contrôle médical de la sécurité sociale, dee mer mat dësem Projet de loi 6656 reforméieren, spillt eng Schlësselroll an eiser Sécurité so-ciale. Et geet drëms, derfir ze suergen, dass dee System esou gutt a performant wéi méiglech fonctionnéiert, dass also déi Mët-te-len, déi disponibel sinn, esou effikass, effizient a rasonabel am Sënn vun der beschtméigle-cher Versuergung vun den Assurée genotzt ginn.

De Mot d'ordre ass „soigner mieux en dépen-sant mieux“. Ech betounen hei „mieux“ an net „moins“, well dat gëtt jo engem gären dann och virgeworf. Dat heescht och kloer, dass een hei kloer Kritäre festleeë muss, wat „utile et nécessaire“ ass, an, jo, dat bedeit och, och Kontrollen duerchzeféieren, fir eventuell Mëss-bräich ze verhënneren.

De Contrôle médical de la sécurité sociale spillt och eng wichteg Roll an enger Rei vu Prozedu-ren, esou zum Besspill bei de Krankeschäiner, bei dem Reklassement oder der Invaliditéit. An dat ass och ee Grond, firwat datt d'Kommis-sioun décidéiert huet, fir déi zwee Projeten éisch-tens eng Kéier zesummen an der Kom-missioun ze diskutéieren an och haut hei ze-summen an der Plénière ze diskutéieren an ze traitéieren.

Wéi a wéini de Contrôle médical entstanen ass, wéi e sech am Laf vun de Joren entwéckelt huet, dorobber geet den Exposé des motifs vum Projet de loi des Laangen an des Breden an. Fir d'Historiker ënnerlech ass dat ganz in-teressant. Dir kënnt dat och ganz gären dann a mengem Rapport noliessen.

Fakt ass, dass d'Reform vum Contrôle médical schonns diskutéiert an zu engem groussen Deel och preparéiert ginn ass am Kader vun der Gesondheitsreform, déi duerch d'Gesetz vum 17. Dezember 2010 a Kraaft getrueden ass. Deemools war et awer zäitlech net méi méiglech, fir och d'Bestëmmungen iwwert de Contrôle médical ze reforméieren, an duerfir gëtt dat elo iwwert dëse Projet de loi ge-maach, deen an deem Sënn complémentaire ass zur Gesondheitsreform.

De Projet de loi 6656 gouf déposéiert de 14. Februar 2014 vum Minister vun der sozialer Sécherheet, dem Romain Schneider. D'Cham-berskommissioun, déi zoustänneg ass fir Tra-vail, Emploi a Sécurité sociale, huet hir Aar-bechten den 28. Januar dëst Joer opgehall an a fënnf Réuniounen déi verschidden Disposi-tiounen vum Projet de loi grad wéi och den Avis vum Conseil d'État diskutéiert an analyséiert an eng Rei vun Amendementer ugehall, déi dann an engem Avis complémentaire vum Statsrot nach gekuckt gi sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Haaptchangementer, déi bei dëser Reform vum Contrôle médical virgesi sinn, sinn déi heiten: An Zukunft wäerten d'Missiounen vum Contrôle médical éischter méi generell formu-liéiert ginn an net méi, esou wéi dat bis elo am Artikel 418 vum Code de la Sécurité sociale de Fall war, eenzel a ganz détailléiert opgezielt ginn. Deen Text gëtt doduerjer och méi kloer, méi einfach, well manner exhaustif a manner komplex.

De Contrôle médical wäert sech an Zukunft méi op seng ursprénglech Missiounen konzentréieren, déi mat der Sécurité sociale ze dinn hunn.

Dem Contrôle médical seng Missiounen a Saa-chen Evaluatioun a Contrôle, souwuel vis-à-vis vun de Prestatairé wéi och vis-à-vis vun den As-suréen, an dat ass ee ganz wichteg Element vun dësem Projet de loi, wäerten ausgebaut a verstärkt ginn, an d'Berodung vun der CNS an och vun den Assuréeen, wa si et da froen, wäert méi e grousst Gewiicht kréien.

Iwwregens sief bemierkt, dass de Regierungs-text virgesinn hat, e Stéck méi wäit ze goen, wat déi Berodung vun den Assuréeen ugeet. Dëst gouf awer nom Avis vum Statsrot an och no enger Partie anere kriteschen Avice per Amendement ofgeännert. De Contrôle médical wäert nëmmen eng Berodung kënnen ofgi par rapport zu engem Traitement, wann dat aus-drécklech vum Assuré gefrot gëtt.

Da gëtt am Kader vun dëser Reform och d'Per-sonal opgestockt, well et kloer ass, dass de Contrôle médical nëmme seng Roll am Kader vum Pilotage am Gesondheetssystem ka spillen, wann hien dann déi néideg Moyenen dofir huet. Dat heescht, et kommen eng ganz Rei vu Leit bäi. Ech wäert herno nach eng Kéier drop zrëckkommen.

Am Kader vun dëser Reform gëllt et, virun allem op zwou grouss Neierungen hinzeweisen:

D'Aarbechtsrecht an den Droit de la Sécurité sociale ginn uneneen ugepasst, soudass an Zu-kunft de Contrôle médical och während der Zäit vun der Lohnfortzahlung, also déi éischt 77 Deeg an dann nach bis zum Enn vun deem Mount net nëmme Kontrolle ka maachen, mä och le cas échéant ka Sanktiounen verhänken, zum Beispill wa festgestallt gëtt, datt den Assuré net krank ass a schaffe ka goen oder awer wann hie refuséiert, sech kontrolléieren ze loos-sen, woubäi den Assuré awer souwisou ëmmer nach eng Rei vu Recoursméiglechkeeten huet virum Comité directeur vun der CNS an da virun de Sozialgerichter. An dobäi ass d'Kritik dann och vun der Chambre des Salariés, dass d'Rechter vun dem Assuré géife beschnidde ginn, net ganz richtig, well den Assuré weider eng ganz Rei vu Méiglechkeeten huet, fir géint déi Décisioun oder géint eng Décisioun dann och virze-go-en.

Eng weider wichteg Ännerung geschitt duerch d'Modifikatioun vum Artikel 14 vum Code de la sécurité sociale. De sougenannten R4, de Rapport circonstancié, dee soll vum Dokter ausgefëllt bei de Contrôle médical ageschéckt ginn, wann den Assuré zéng Woche bannent enger Period vun 20 Woche krank ass. Bis ewell ass dee Formulaire automatesch un all Assuré an engem gewëssenen Délai erausge-schéckt ginn. Vill dovunner waren onnëtz oder net komplett ausgefëllt, soudass se dacks on-brauchbar waren an awer e ganz groussen ad-ministrativen Opwand mat sech bruecht hunn. An Zukunft soll dee Rapport circonstancié R4 méi geziilt benotzt ginn. De Contrôle médical kann déi Prozedur lancéieren, wann a bei wem et ubreucht ass. Dat ass méi effikass a bréngt och deemno méi.

Am Kader vun den Diskussiounen ronderëm dëse Projet de loi goufen och nach aner Su-jeten ugeschwat:

De Contrôle médical huet de Moment eng Partie Generalisten do schaffen. Ech hat gesot, ech kommen nach eng Kéier drop zrëck, mä do dernieft schaffen och ee Kardiolog, zwee Chirurgen, en Anästhesist, en Internist, en Neurolog, en Urolog an en Orthopädist an en Aarbechtsdokter an en Zännndokter do. Dobäi kommen elo mat dëser Reform nach eemol, wéi schonns virdrun ugedeit, 13 Médecins-conseils, en Attaché de la direction, ee Phar-macien-inspecteur, fënnf Psychologen, en In-firmier gradué a fënnf Expéditionnaires. Dat sinn eng ganz Partie vu Leit. Mä déi brauch de Contrôle médical och, fir kënnen senge Mis-siounen gerecht ze ginn.

Ugeschwat goufen och déi psychesch Krank-heeten, déi a leschter Zäit ëmmer méi heefeg gi sinn an déi de leschten Zuelen no 24% vun de Krankheetsfäll ausmaachen, wat och deen zousätzleche Besoin u Psychologen erkläert. Ef-fektiv sinn ëmmer méi Leit engem Harcèle-ment moral, Mobbing oder ganz einfach dem Stress op der Aarbechtsplaz ausgesat, dee se net méi géréiert kréien an dee se réellement krankmécht. Dëse Leit muss och eng Hëllefstel-lung gi ginn.

Ee Wuert och zum Absenteïsme: Den Absen-téisme, dee jo esou vill hei am Land beklot gëtt, ass hei zu Lëtzebuerg méi niddreg wéi am Ausland, nämlech 3,7% par rapport zu 4% am Ausland. Ausserdeem hu mer am Kader



vun der Diskussioun iwwert d'Validatioun vun deene verschiddenen Akten an d'Amëschung vum Kontrolldokter an d'Relatioun zwëschent dem behandelnden Dokter an dem Patient festgehalen, dass dësen, de Kontrolldokter also, dat nëmme ka maachen op ausdrécklech Demande vum Patient.

Ganz zum Schluss vun eisen Débaten an der Kommissioun hu mer nach iwwert d'Suppressioun vum Artikel 7 geschwat, deem u sech hifälleg gëtt duerch dat neit Gesetz vun der Fonctioun publike, wat mer den 31. Mäerz 2015 gestëmmt hunn.

Nodeems mer ufanks geduecht haten, duerch e Brëif beim Statsrot dësen Artikel kënnen ze sträichen, goufe mer awer enges Bessere beleiert an de Statsrot huet eis drop higewisen, datt dat net géif goen, well den Applikatiounsdatum vun deenen zwee Gesetzter dat net géif erméiglechen. Duerfir bleift den Artikel 7 a senger ursprénglecher Form och hei esou bäi behalen.

Dann ass och déi ganz wichteg Fro vun den 52 Wochen ugeschwat an diskutéiert ginn, eng Fro, déi eng ronn 270 Leit am Joer 2014 direkt betraff huet, well déi iwwert déi 52 Wochen an enger Incapacité de travail waren. Wann ee Salarié méi wéi 52 Wochen, op eng Referenzperiode vun 104 Wochen, krank ass, dann endegt automatesch säin Aarbechtskontrakt. Dat ka beim Reklassement spillen, woubäi jo alles soll drugesat ginn, fir d'Prozeduren ze verkierzen a fir eng séier Prise en charge ze suergen. Mir kommen am nächste Projet de loi haut de Mëtteg nach dorops ze schwätzen.

Mä dat spillt dacks awer och bei schwéiere Krankheeten, zum Beispill bei Kriibskrankheeten, wou de Salarié zwar vläicht um Wee vun der Besserung ass, mä awer och no 52 Wochen nach net grad fit ass, fir nees kënnen unzefänke mat schaffen. Et spillt awer och am Fall vun enger Rechute, wou déi Leit niewent hirer schwéierger gesondheetlecher Lag och nach eng schwéier psychologesch Laascht da mussen droen an operleucht kréien, andeems si hir Aarbecht dann, d'Plaz u sech da verléieren an dem Patron en plus och nach keng aner Wiel bleift, wéi d'Cessatioun vum Aarbechtskontrakt ze constatéieren.

Dësen Thema war beim Accord tëschent Regierung a Gewerkschafte vum 28. November 2014 ugeschwat ginn an de Comité permanent du travail et de l'emploi virugeleet ginn. Verschidde Piste sinn diskutéiert ginn an et gouf festgehalen, dass dës Problematik kéint iwwert de Code de la sécurité sociale an de Statute geregelt ginn. Effektiv heescht et am leschte Saz vum Paragraf 2 am Artikel 14: «Les statuts peuvent définir des situations particulières pour lesquelles la limite et la période de référence sont adaptées.»

Voilà, ech sinn heimat op déi wesentlech Ännerung vum Gesetz agaangen. Dëst Gesetz gëtt dem Contrôle médical méi Méiglecheeten, fir sengem Objektiv méi gerecht ze ginn, fir do, wou et Mësstänn gëtt, besser, méi séier a méi effikass ze intervenéieren, déi Problemer effizient unzegoen, dat heescht och déi schwaarze Schof, déi et leider ëmmer erëm an all System gëtt, op där enger wéi op där anerer Säit, erauszefilteren an deenen op d'Fangeren ze kucken an och ze klappen an, ganz wichteg, dem Salarié, der CNS an dem Prestataire de soins mat Rot a Conseil zur Säit ze stoen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren a ginn heimmader dann och den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet elo direkt den Här Jean-Marie Halsdorf, dee scho prett ass.

Discussion générale

► **M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt meng Interventioun kllassesch ufänken, andeems ech dem Rapporteur Merci soe fir säi gudde schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Mir gesinn dëst Gesetz an der Kontinuitéit vun der Reform vum Gesondheetssystem, wéi de Rapporteur et och gesot huet, aus dem Joer 2010, enger Reform, déi d'Roll vun dem Contrôle médical stäerkt. An dat war och batter noutwendeg, well d'IGSS hat nämlech schonn an engem Avis zum Gesetz mat der Nummer 2190 iwwert den Ajustement vun de Pensiounen an de Renten zum Liewensniveau 2007 geschriwwen: «L'une des principales causes de l'explosion des coûts en matière d'assurance maladie réside dans le mauvais fonctionnement, voire même dans l'absence

presque totale du service de contrôle médical actuel.» An esou wéi et och am Rapport vun dësem Gesetz steet, war deemools net genuch Zäit, fir dem Contrôle médical seng Missioun weider, an engem méi grouse Mooss nei ze definéieren.

Éischt nei Usätz fir de Contrôle médical sinn deemools ageféiert ginn, zum Beispill dass en der Caisse Nationale de Santé, der CNS, kann assistéieren, dass d'Zesummenaarbecht mat aneren Institutiounen preziséiert ginn ass an deem Gesetz an dass en och d'Méiglecheit hat, bei neien Akten d'Commission de Nomenclature ze saiséieren.

Dëst Gesetz ass also en additionnelle Puzzlesteen zum Gesetz vun 2010. Bei dësem Gesetz gesäit een dann och déiselwecht Handschrëft vum viregte Minister, dem Santé- a Sécurité-sociales-Minister, well deem huet dësen Text jo grosso modo ausgeschafft, wéi et jo och elo gesot ginn ass. Et gesäit een awer och, wéi vill Iwwerschneidungen et gëtt tëschent Santé a Sécurité sociale. An doraus kann ee schléissen, datt déi aktuell Situatioun mat zwee Ministeren, déi sech d'Kompetenzen deelen, méi komplizéiert ass, fir néideg Ofstëmmungen ze realiséieren.

Déi deemoleg Reformusätz sinn dann och an déi richteg Richtung gaangen a mat dësem Gesetz geschitt dat dann och an engem méi grouse Mooss, well d'Missioun vum Contrôle médical gi weider ausgebaut. Mä trotzdem muss ech lech d'Fro stellen, ob dat, wat um Dësch läit, net éischter eng Reformchen ass wéi eng Reform. Well eppes ass kloer, d'Uspréich waren am Ufank vill méi grouss!

De Statsrot stellt sech och d'Fro, ob dës Reforme méi appropriéiert, also méi passend si wéi déi am Gesetz vun 2010. An dës Fro ass och berechtigt. An eng Fro muss ech awer wierklech stellen: Firwat ass net fir d'Éischt ee Bilan gemaach ginn, éier d'Gesetz lancéiert ginn ass? De Statsrot huet dat och kritiséiert.

Et kann een natierlech och elo argumentéieren a soen, vun 2010 op 2015, dat ass ze kuerz, fir ze bilanzéieren. Mä da kann een awer kloer äntwerten, dass dës Reform dann och verfréit ass. An nach eppes, wat schued ass a wat ee bedauere muss, dat ass déi Behauptung, déi gemaach ginn ass virun e puer Joer, de Plan hospitalier wär do, wann d'Gesetz gestëmmt géif ginn. Leider ass dat net d'Realitéit, well elo weess een dann net, wéi eng Kompetenzzentre wou hikommen a wou a wéi dëst Gesetz sech am Plan hospitalier verankert.

Schliisslech muss ech soen, ass dat Gesetz, wat haut um Dësch läit, an dat, wat déposéiert gouf, dat sinn zwee verschidde Puer Schong. An an eiser Aschätzung gounge all déi Amendementer, déi gemaach goufen, an déi richteg Richtung. De Contrôle médical gëtt also weider gestärkt, an dat mécht Sënn, well eng Zilsetzung nämlech déi ass, weider d'Qualitéit an héichwäerteg Leeschtungen am Gesondheetssektor ze garantéieren an zwar duerch eng besser, kohärent organiséiert Bewäertung a Gestiou vum medezinesche Leeschtunge bei der Sécurité sociale. Fir dat ze maachen, muss een de Contrôle médical natierlech besser opstellen.

Eng aner Zilsetzung ass, d'Käschtenexplosioun ze stoppen, e bessert Präis-Leeschtungs-Profil ze schafen. Dat ass och richteg, et ass och sympathesch a wëschenswäert, mä dat därer awer net op d'Käschte vum medezinesche Resultat, op d'Käschte vum Patient geschéien!

Konkret soll jo da kontrolléiert ginn, ob d'Ausgabe berechtigt sinn. Dat ass och richteg. Mä dat ass awer och net einfach, well de Prinzip vun der individueller, beschtméiglecher medezinescher Leeschtung, deen därer net sacrificéiert ginn. Konkret soll, an esou steet et och am Commentaire des articles, Geld gespuert ginn. Mer wëssen awer och, dass d'Verwaltung opgestockt muss ginn. Et gëtt vill embauchéiert an dat gëtt sécherlech en nohaltege Käschtepunkt. Et därer awer net sinn, dass déi potenziell Aspuerungen, déi duerch e performant Wierken um Terrain vum Contrôle médical kommen, dass déi duerch déi Astellungspolitik neutraliséiert ginn, jo souguer getoppt ginn. Dann hu mer wierklech näischt geschafft!

Ech stelle mer och Froen iwwert de Profil vun deene Leit, déi sollen ageballt ginn. Generell gëtt et zum Beispill keng Definitioun vum Médecin-conseil.

Här President, firwat ass dat esou? Et gëtt eng Obligatioun fir d'Formation continue vun dese Leit. Dat ass gutt a richteg. Et ass och noutwendeg duerch déi rasant Entwécklung vun der Medezin. Dës Leit brauchen nämlech en technesch spezifescht Wëssen, mä och d'Fäegkeet ze kommuniquéieren, an dat am Dialog mam Patient a mam Medeziner. Ech weess awer net, wéi eng Spezialitéiten an dësem Gremium mussen sinn a wéi eng net.

Ech hu gelies am Avis vum Collège médical, datt klinesch Experienz, Epidemiologie a Wirtschaftlecheit an der Santé, dass dat wichteg Wëssensstandbeener am Contrôle médical misste sinn. Ech hunn och gelies, dass de Collège médical d'Astelle vun engem Medeziner mat enger biologescher Formatioun positiv aviséiert an och dat vum Astelle vu Psychologen, dass déi rekrutéiert ginn. Mä hei kommentéiert en, dass misst ee prezise Profil bäileien, deen am Fong geholl hir Aufgabestellung géif preziséieren, well, laut Avis vum Collège médical, hunn d'Psychologe keng Kompetenz, fir iwwer Dossieren oder iwwer Problemer an der Psychiatrie ze aviséieren.

Haut gesäit een am Contrôle médical, dass deen zesummegeat ass vu Generalisten, vun engem Kardiolog, vun zwee Chirurgen - een, dee Chirurgie générale gemaach huet, deen aneren Traumatolog -, vun engem Anesthésiste-réanimateur, vun engem Internist, wat een Nephrologue ass, vun engem Neurolog, engem Urolog, engem Orthopédiste, engem Aarbechtsdokter an engem Zännokter.

Mat dësem Gesetz elo solle weider 26 Leit ageballt ginn. An dat ass en décke Batz! Do stellen ech mer d'Fro: Firwat 26 Leit? Dobäi goufe schonn 2014 zwee Médecins-conseils ageballt. Dat géifen der dann 28 maachen.

Konkret, wann ech da méi detailléiert kucken, gesinn ech, dat sinn 13 Médecins-conseils, fénnef Psychologen, een Attaché de direction, ee Pharmacies-inspecteur, en Infirmier gradué a fénnef Expéditionnaires.

Här President, firwat dës qualitativ Zesummesetzung a keng aner? Wien huet déi festgeloucht? Ass mat de Leit um Terrain geschwat ginn, zum Beispill dem Collège médical, dem Paramédical oder soss welche Leit? A wéi eng Erfahrungen hunn dës Décisiounen am Fong geholl begleet?

Gutt, dës Opstockungen, déi kaschten eppes. Méi wou kënnen dann elo Suen agespuert ginn? Mir stelle fest, dass hei zu Lëtzebuerg den Absentéismus männer héich ass wéi an eisen Nopeschlänner. Wat kann dann dëst Gesetz nach zousätzlech bréngen? Déi Fro muss ee sech stellen.

Well eppes ass kloer, egal wéi, d'Versuergung vun de Bierger vun eise Land, déi muss geschéien! An d'Problemer an der Versuergung, déi sinn och bekannt. Et gëtt eng Iwwerversuergung, et gëtt eng Ennerversuergung an et gëtt och vill Versuergung, wann d'Leit déi falsch Saache kréien. Wéi kann hei de Contrôle médical dës Realitéit verbesseren? Déi Fro stellt sech.

Mir wëssen och, dass et Fraudé ginn. Et gëtt e puer Leit am Land, déi dropschloen. An hei sinn d'Erwaardungen och grouss un de Contrôle médical. An ech mengen, hei wäerten och Resultater kommen.

Et muss ee feststellen, dass et biergop geet mat der Zesummenaarbecht hei am Land: Et gëtt méi Dialog tëschent den Institutiounen, d'Waardezäite virun der Commission mixte si massiv zrëckgaangen. Aktuell eng tëschent 100 an 150 Demandé pro Mount vum Contrôle médical déposéiert.

An dernieft hu mer en neit Patientegesetz kritt iwwert d'Patienterechter. An doduerch ginn, mengen ech, och d'Kaarten e bëssen anescht verdeelt. An dat wäert och Répercussione kréie mat dësem Gesetz. Et mécht sech also eng gewësse Konsolidéierung um Terrain; dat ass richteg. Mä d'Situatioun um Terrain ass awer net einfach. Dat hu mer scho bei den Diskussiounen vum Patienterechtergesetz gesinn.

D'Émfeld Patient/Dokter ass komplex. Huele mer de Fall zum Beispill vun engem Patient, deen da mat sengem Dokter e sougenannte Consentement éclairé kritt, deen also seng Krankheet global erkläert kritt. Wann elo an deem Fall eng drëtt Persoun, de Kontrolldokter dann an dësem Fall, sech an dës Relatioun amëscht, an dann en zweeten Avis mécht, dëst Gesetz erlaabt dat jo, wat heescht dat in fine?

Déi nei Aufgab vum Contrôle médical, fir de Patient ze beroden, werft effektiv déi Froen op, well hei kréie mer, nieft der direkter Relatioun vum Patient mat sengem Dokter, kréie mer och eng direkt Relatioun tëschent dem Contrôle-médicals-Dokter an dem Patient. Déi Berodung ass also problematesch, well et muss een dovun ausgoen, et ass och gesot ginn an der Kommissioun, dass den Dokter deontologesch richteg handelt, soss wär e jo strofbar. Firwat gëtt sech dann also iwwerhaupt agemëscht? Well deontologesch huet e Kontrolldokter sech net anzemëschen an d'Vertrauensrelatioun tëschent engem Dokter an engem Patient.

Mä do ass d'Fro och gestallt ginn: Ass den Avis vum Contrôle médical iwwerhaupt eng Amëschung an d'Behandlung? Do ass ge-

mennt ginn, am Fong geholl net, well dës Behandlung huet jo net ugefaangen, wann deen zweeten Avis kënnt. Se kann awer vläicht ugefaangen hunn. Am Prinzip ass dat esou. Mä ass et vläicht net awer och eng Amëschung? Well egal wéi gräift e jo an d'Vertrauensverhältnis vum Dokter a vum Patient, déi do sinn, an.

An an deem Kontext muss nach eng aner Fro gekläert ginn, déi mer och wichteg schéngt: Déi zwee Dokteren, mussen déi net matenee schwätzen, am Sënn vun der Confraternitéit? Dat heescht, si misste sech iergendwéi échan géieren. Mä wéini maache se dat? A wéi maache se dat?

An duerfir kann et och nëmme sinn, aus all deenen Iwwerleeungen, déi ech elo opgefëiert hunn, dass, wat mer och zrëckbehalen hunn, dass et nëmme kann esou sinn, wann eng „Amëschung“ - tëschent Gänsefëisercher - stattfënn, da muss de Patient d'Initiativ hunn, fir déi Berodung ze lancéieren.

Et stellt sech awer och d'Fro vun der Ofhängegkeet vum Kontrolldokter vu senger Institutioun, a wéi et wär, wann deen zweeten Avis vun engem onofhängege Medeziner da géif aviséiert ginn. Kéint een hei effektiv net déi Iddi vum Collège médical opgräifen, deen am Fong geholl e wëssenschaftlechen, multidisziplinäreschen an onofhängege Rot wëllt schafen, deen da saiséiert ka ginn an der Expertise? Dat géif sécherlech Vertraue bréngen!

An doriwwer eraus ass dat, wat d'Gesetz erlaabt, de Cumul vu Berodung a Contrôle, vum Contrôle médical problematesch, well duerch dës Vermëschung kann et sinn, an ass et probabel, dass heiansdo à la tête du client geschafft gëtt. A wann de Kontrolldokter d'Berodung fir de Patient mécht, mécht e se da fir de Patient oder mécht e se fir d'Gesondheetskeess? Déi Fro stellt sech bei dësem Cumul. An da stellt sech d'Fro vun der Loyalitéit. D'Loyalitéit vum Dokter, ass dat déi zur Keess oder ass et déi zum Patient? Dat ass ee schwierge Spagat a mer mussen kucken, wat do derbäi erauskënnt.

Een anere Punkt, deen ech nach wollt abordéieren, dat ass de Respekt vum Berufsgeheimnis. Och do muss de Patient d'Kommunikatioun vun den Donnéeën, ënnert de strenge Restriktiounen vum Berufsgeheimnis, autoriséieren. An dat géllt och besonnesch, wann medezinesch Donnéeën vum Netmedeziner gekuckt ginn. Bon, ech sinn Optimist an ech wënsche mer, dass deen zukünftigen elektronische Patientendossier hei hëllefbräich wäert sinn. Gradesou gleewen ech un d'Médiatiounsstell am Santéberäich, déi jo duerch d'Patientengesetz geschafte gouf.

Mä et muss awer och gekuckt ginn, wéi de Statsrot et a sengem Avis schreift, wéi d'Kompetenze vun Médecin référent, dee jo regelméisseg den Inhalt vum Patientendossier verfollege muss, dee jo eng Aart Coaching vum Patient soll maachen, wéi hei d'Aufgabefelder sech iwwerschneiden. Eppes schéngt mer kloer: Wann de System Médecin référent gutt fonctionnéiert, an dat wënsche mer all, da kréie mer och Qualitéit. Mä et ass e groussen Challenge!

Een anere Punkt, deen och problematesch ass, an deen ech uschwätze wollt, dat sinn d'Behandlungen am Ausland.

Eng Fro, Här President: Wat ännert dëst Gesetz bei enger Ufro fir eng medezinesch Behandlung am Ausland? Gi mat dësem Gesetz elo systematesch préalabel Autorisatiounen gefrot? Dat wär schlecht a géif zu Retarden an der Behandlung féieren, wat net am Sënn vum Patient ass. Mä et schéngt haut awer scho Problemer ze gi mat der administrativer Praxis, well et géifen ëmmer méi Refuse kommen, kréien ech gesot. De Refus muss jo zwar motivéiert sinn.

An dofir, Här President, ass dat esou,...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Neen.

► **M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).** - ...datt d'Zuel zouhëlt a wouduerch?

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Neen.

► **M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).** - A wéi eng Zort vu Refusen huelen zou? Ech stellen d'Fro un lech, direkt och un de Minister - ech därer dat jo net -, dofir furen ech iwwer lech.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Här Halsdorf, Dir hutt mir se gestallt. An, laut mengem Wëssen, neen.

► **M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).** - Dat ass schéin. Mä se muss opgeworf ginn an ech waarden, wat den Här Minister mer elo seet.

► **Une voix.** - Ooh!

(Brouhaha)

► **M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).** - Eppes schéngt mer ganz wichteg ze sinn, et kann nämlech net sinn, datt, well ee Spezialist hei



am Land ass fir e gewësse Krankheetsbild, dass de Patient dann net méi d'Méiglechkeet kritt, sech am Ausland behandeln ze loosse.

An ech hunn och Kenntnis vu Fäll vu Patienten, déi wéineg chirurgesch hei am Land behandelt goufen, awer net mat där modernster Chirurgie. Wéi ass et hei mat der Qualitéit? Well déi Qualitéit, déi gëtt et hei, déi modern Qualitéit. An hei, mengen ech, huet de Médecin référent och eng wichteg Aufgabestellung. Et war op d'mannst sënnvoll, wann um Terrain géif matenee geschwat ginn, fir dass hei keng Fronten opgebaut ginn. An d'Wuel vum Patient, dat muss zielen!

Gutt, bei dësem Gesetz gi jo och nach d'Objektiver op där enger Säit, de Patient a sai Prestataire op där anerer Säit gekuckt. D'Objektiver sinn, ech hunn nëng Stéck opgeschriwwen: d'Krankekeess besser pilotéieren; d'Missioune redefinéieren, nei opstellen; d'Käschte besser meeschteren; d'Prise en charge an d'Qualitéit vu Behandlungen verbessern; d'Kontrollleeschtungen ausbauen duerch Visiten; weider noutwendeg medezinesch Expertise kréien, fir d'Qualitéit vun de Prestatiounen ze evaluéieren; d'Patientenberodung an, wat wichteg ass, och eng verbessert, méi no, méi effikass Begleedung beim Patient, deen eng Incapacité de travail huet. Dat si villfälteg Objektiver, jo. An d'Zukunft wäert eis och weisen, ob a wéi se erreecht ginn.

Mä op där anerer Säit dierfen awer, an do insistéieren ech drop, d'Patientenrechter wéi de libre Choix, wéi déi beschtméiglech Behandlung, wéi déi therapeutesch Fräiheet vum Prestataire, déi dierfen net beschnidde ginn! An dat ass eng schwiereg Gratwanderung an do läit d'Kromm an der Heck.

An e lescht Objektiv, wat och am Kader vun dësem Gesetz nach opgefëiert ass, ass dat folgend, dat schéngt mer och wichteg, do gëtt geschriwwen an den Avisen an am Kommentar: Fir d'Effizienz vun der Aarbecht vum Contrôle médical ze verbessern, misst déi intern Organisatioun vun der Caisse Nationale de Santé och verbessert ginn. Heizou steet awer näischt am Gesetzestext an et géif awer Sënn maachen. Wa mer hei zu Lëtzebuerg nämlech eist Gesondheetswiese wëlle gutt opstellen, organiséieren, da muss Patronat, Salarat, de Stat an d'CNS un engem Strang zéien a jiddweree muss performant sinn.

Duerfir, Här President: Kann den Här Minister eis do Opschloss ginn iwwert déi lescht objektiv intern Reorganisatioun vun der Caisse Nationale de Santé?

A schlisslech stellen ech och nach fest, dass de Conseil supérieur ofgeschafte gëtt, mam Argument, en hätt bis elo nach ni richteg oder ni gutt funktionéiert. Mä firwat gouf en dann ageféiert? A firwat war en ni richteg funktionsfäeg? Mä da stellt sech awer och, à titre subsidiaire, d'Fro: Wéi eng Dispositiounen am aktuelle System kompenséiere respektiv erfüllen déi konsultativ Funktioun, déi dëst Organ hat?

Deen anere Punkt, dee kräfteg amendéiert ginn ass, wollt ech och nach uschwätzen, dee vun de Visitten. De Statsrot huet jo dës Kéier, grad wéi schonn 2010, eng Opposition formelle gemaach. En huet fonnt, fir Visitten ze maachen, wéi et am Originaltext stoung, dat war e Pouvoir disproportionné, et wier net konform zur Verfassung, Artikel 15, an och net konform zum Schutz vun de Mënschenrechter.

D'Berechtigung, fir an d'Raimlechkeete vu Prestataire a Spideeler ze kommen, fir Dokumenter respektiv de Patient ze kucken, ass jo dann dofir zrëckgesat ginn, ass gestutzt ginn, well hei mussen och dem Patient seng Interesse virrangeg sinn. An esou kënne d'Convocatiounen an d'Visitten nëmme gemaach ginn a Fäll, wou et fir de Contrôle médical net méiglech wär, déi noutwendeg Missioun ze erfüllen ouni Visite. An an deem Kontext stellt sech och d'Fro: Wéi ass et mat de Visite bei Assurée am Ausland? Et war och wichteg, wann ee géif kucken, wat dëst Gesetz hei bréngt.

Eng aner Aufgab, déi ech och nach wollt ervirhiewen, dat ass d'Evaluatioun vun der Qualitéit vun de Leeschtungen. An hei gëtt et e Risiko. D'Base légale dovun ass jo d'Spidolsgesetz vun 1998, mä eppes schéngt mer awer evident ze sinn: Wa mer eng sënnvoll Evaluatioun vun der Qualitéit vun de Leeschtungen maachen hei zu Lëtzebuerg, da kann dat nëmme sinn, wann all medezinesch Leeschtungen betraff sinn. Mä de Contrôle médical evaluéiert awer nëmme een Deel.

An duerfir, mengen ech, mussen de Gesondheitsminister an och bestëmmt de Sécurité-sociales-Minister, déi zwee, mussen hei d'Blat an d'Hand huelen, fir de Qualitéitsmanagement hei zu Lëtzebuerg ze globaliséieren, och fir dass e global geschitt, fir dass d'Kompetenzen gebündelt ginn an eben de Contrôle médical hei net op eng Kéier en Eegeliwe kritt, respektiv seng

eege Kritären definéiert, wat dann zu Verzerrungen an der Analys vum Gesondheitsberäich féiere kéint.

D'Zukunft wäert eis hei weisen, wat dee virgelychte Konzept wäert ass, wéi effikass de Pilotage vum Lëtzeburger Gesondheitssystem ass a wéi e gëtt.

Een anere sprangende Punkt wäert an eise Land och sinn, wann, wéi et e schonn an den Nopeschlänner gëtt, net méi den individuellen Akt laut Nomenclature, wéi et haut gemaach gëtt, mä d'Leeschtung als Ganz bezuelt gëtt. De globale Käschtepunkt vun der Leeschtung, dee muss gewosst sinn.

A fir lech dat ze illustréieren, stellen ech d'Fro: Wat kascht den eenzelne Patient, wann ech zum Beispill eng Héft-OP huelen? Dofir stellen ech mer d'Fro: Wat kascht de Medeziner? Dat wësse mer. Wat kascht d'Prothèse? Dat wësse mer. Wat kascht d'Spidol an déi aner Dépenses? Dat wësse mer net. Hei gëtt et also eenzel Käschtestellen, wou net gewosst ass, wat se kaschten, an hei muss den Hiewel ugesat ginn.

An dësen noutwendegen Paradigmewissel vun engem transparente Finanzéierungssystem, deen drängt sech op. An duerfir war et, an dat wëll ech hei répétéieren, well et stoung och an den Avisen, duerfir war et sënnvoll gewiescht, wann zu dëser Reform parallell schonn d'Finanzéierung iwwerkuckt gi wär. An dat misst och da schnellstens geschéien.

Eng manifest Plus-value ass d'Kontrollfunctioun vum Contrôle médical, an zwar ouni Insécurité juridique während deenen 99 Deeg, wou de Krankgemellte weider seng Pai kritt. Op dësem Punkt gëtt mat dësem Gesetz elo Kohärenz gemaach tëschent dem Aarbechtsrecht an dem soziale Recht, well déi aktuell zwou Recours-méiglechkeete virun zwou verschiddene Juridiktionen, déi verschwannen.

D'CNS hält d'Décioun, géint déi virum Comité des Directeurs vun der CNS Recours ka gemaach ginn. D'Fro, ob d'Kompetenz fir de Recours virun enger Aarbechtsjuridiktion oder enger sozialer Juridiktion soll geschéien, stellt sech also net méi.

An doriwwer eraus gëtt et nach eng aner Plus-value, an zwar déi vun der Verbesserung vun deem sougenannte Mechanismus, nämlech R4, de Mechanismus vum Rapport médical circonstancié, wou jo och mat dësem Gesetz d'Prozedur geännert gëtt. Déi zwee Punkte schwätzt herno den Här Aly Kaes un, wann e seng Ried hält iwwert déi intern an extern professionell Reklassementer.

Schliisslech erwaarden ech mer och mat dëser Emorganiséierung an Optimiséierung vum Contrôle médical, dass d'Avisen am Kader vun den Invalidekaarte méi séier kommen.

«Soigner mieux en dépensant mieux», besser behandeln duerch besser Ausgaben. D'Regierung huet sech hei dëse Slogan ginn. D'Zukunft wäert eis weisen, wat de Slogan wäert ass. Dëst Gesetz gëtt eis keng Antwort dorop, ob eisen aktuelle System vun der Finanzéierbarkeit, ob dee méiglech ass. Et geet sécher an déi richteg Richtung. Mir wëssen och, dass et keng systematesch Abuse gëtt, mä just e puer schwaarze Schof. Mä d'ekonomesch Interessen, déi sinn ëmmer wichteg, mä se mussen un d'Effikasitéit vun de Leeschtungen gekoppelt sinn a se dierfen net op d'Käschte vum Patient goen.

Duerfir, mengen ech, misst vill méi gesicht ginn, attraktiv Mechanismen an eise Gesondheitssystem ze schafen, déi Patient a Prestataire géife motivéieren, déi bestehend Ressourcé besser ze notzen.

Mir haten do schonn d'Geleeënheet beim Débat iwwert de Spidolspang, wéi heibannen, am Kontext vum Ausbau vum Ambulatoire, gesot ginn ass, do wäre keng Incitativen do, fir éischter ambulant ze behandeln. Et ass souguer haut nach éischter de Contraire. An dat misst geschéien, déi Incitativ misste kommen. Do kéint een Aspuerunge maachen.

De Gesondheitssektor muss einfach besser opgestallt ginn, well och wann ech mer hei d'Fro stellen, oder d'Fro net stellen, oder d'Analys net maache vum Finanzement vum aktuelle System, ob deen iwwerlebensfäeg ass, gesinn ech, ouni vill mech anzeschaffen, datt duerch déi vill Ännerungen an eiser Gesellschaft, an eiser Welt, un nach ville Schrauwe muss gedréit ginn, well soss geet et d'Baach an.

Dofir, ofschléissend, Här President, dëst Gesetz verschlechtert näischt. Ob a wéi et verbessert, dat gesi mer dann an Zukunft. Eppes schéngt mer kloer ze sinn: Mir mussen um Ball bleiwen.

An duerfir wollt ech, am Numm vun der CSV, eng Motioun hannerleeën, wou mer e Bilan froen zu dëser Reform, zesumme mat där vun 2010, an dat virum Enn vun dëser Legislatur, fir dann Upassungen ze maachen, déi sech opdrängen, wou mer och froen, kuerzfristegen een neie Plan hospitalier opstellen op Basis vun eisen Diskussiounen an der Chamber am

November 2014, an dat mam Objektiv, déi national Gesondheetsoffer ze verbessern, a wou mer dann nach schlisslech och froen, d'Aarbechten en vue vun enger neier Nomenclature an en vue vun engem méi transparente Finanzement vum Gesondheitssystem hei zu Lëtzebuerg an am Spidolswiesen am Speziellen, wou mer déi sollten och ustriewen. Duerfir wollt ech déi hei hannerleeën.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant que la loi du 17 décembre 2010 a procédé à une réforme en profondeur de notre système des soins de santé;

- que cette loi visait à préserver un système de santé basé sur la solidarité nationale, l'équité et l'accessibilité ainsi que sur la qualité de l'offre;

- que, dans ce cadre, le rôle du Contrôle médical de la sécurité sociale (CMSS) consiste dans le contrôle du bien-fondé des dépenses pour prestations de soins de santé à charge du système de sécurité sociale, en évaluant l'adéquation entre l'état de santé des assurés et les ressources engagées à leur égard;

- que la loi du 17 décembre 2010 a adapté et précisé les missions du CMSS, ajouté de nouvelles attributions au CMSS, id est l'assistance à la Caisse Nationale de Santé dans le cadre du contrôle des mémoires d'honoraires établis par les prestataires de soins, la possibilité de saisine de la Commission de Nomenclature et précisé la collaboration du CMSS avec les autres institutions et organes;

- regrettant que la loi du 17 décembre 2010 n'ait pas fait l'objet d'un bilan depuis son entrée en vigueur;

- considérant que le projet de loi n°6656 modifiant entre autres les attributions du Contrôle médical de la sécurité sociale a pour ambition de parfaire la réforme initiée en 2010;

- considérant que pour le maintien de la qualité de notre secteur des soins de santé une planification sérieuse du secteur hospitalier est de mise;

- que l'évaluation de la qualité des prestations de soins est partant un objectif essentiel dans le développement de tout système de santé,

invite le Gouvernement

- à établir avant la fin de la présente législature un bilan de la présente réforme ensemble avec celle introduite par la loi du 17 décembre 2010 et à procéder, le cas échéant, aux adaptations qui s'imposent;

- à procéder dans les meilleurs délais à l'établissement d'un nouveau plan hospitalier en tenant compte du débat ayant eu lieu le 19 novembre 2014 à la Chambre des Députés à la suite de la déclaration de Madame le Ministre de la Santé relative à la présentation du projet de plan hospitalier, avec l'objectif d'améliorer l'offre des soins de santé au niveau national;

- à faire avancer les travaux pour l'introduction d'une nouvelle nomenclature et d'un financement plus transparent du secteur de la santé en général et du secteur hospitalier en particulier.

(s.) Jean-Marie Halsdorf, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, Françoise Hetto-Gaasch, Marc Spautz.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Merci.

► **M. Jean-Marie Halsdorf** (CSV).- An ofschléissend, ganz ofschléissend, wollt ech soen: D'CSV stëmmt dëst Gesetz, well et, grad wéi dat vun 2010, an déi richteg Richtung geet, och wann et leider nëmme mat klengen Schrëtt geschitt.

Duerfir soen ech lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Entschëllegt, Här Halsdorf, ass se komplett?

► **M. Jean-Marie Halsdorf** (CSV).- D'Ënnerschreften?

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- D'Ënnerschreften. Hei, ech ginn lech se mat, da macht Dir dat.

► **M. Jean-Marie Halsdorf** (CSV).- Solle mer nach ënnerschreien?

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Jo, wann ech gelift. Merci. Merci dem Här Halsdorf. An nächste Riedner ass den Här Edy Mertens.

► **M. Edy Mertens** (DP).- Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, d'Regierung huet sech en allgemengt Leitbild ginn, dat sech duerch all d'Politikfelder erstreckt: Mat mander Geld méi errechen, beziehungsweise mat bestoende Mëttele fir eng méi héich Qualitéit bei de geleeschte Services a Prestatiounen ze surgen. Dëst gëllt natierlech dann och fir d'Krankenversicherung an domadder onweigerlech natierlech och fir de Contrôle médical.

De Contrôle médical soll no der Reform vum Système des soins de santé aus dem Joer 2010 elo endlech eng nei Definitioun vu senger Missioune kréien an esou och méi effikass ginn. Dëst ass besonnesch wichteg, well de Contrôle médical, no der Ëmsetzung vun der europäescher Direktiv 2011/24 iwwert d'Patientenrechter bei Soins transfrontaliers, enger nach méi grousser Belaaschtung ausgesat ass.

Dofir wëll ech direkt hei am Ufank betounen, wéi frou d'Demokratesch Partei iwwert d'Opstocke vum Personal bei dem Contrôle médical ass. Wéi et ewell gesot gouf, ginn am Kader vun der Reform 13 Médecins-conseils agestellt, een Attaché de direction, ee Pharmacien-inspecteur, fënnf Psychologen, een Infirmier gradué a fënnf Expéditionnaires.

Dozou wëll ech dann direkt och eppes soen. Et ass mir an 30 Joer Dokter komplett onverständlech, wéi de Contrôle médical de la sécurité sociale bis elo iwwerhaupt konnt funktionéieren, am Sënn vun engem Contrôle fir de Patient, am Sënn vun enger Hëllef fir de Patient, well en total ënnerbesat ass! Et muss ee sech dat emol virstellen.

Eleng wann ech kucken, wat een an enger normaler Praxis vu Krankeschäiner ausstellt pro Mount, wann do e Contrôle soll driwwer stattfannen, da gëtt do Personal gebraucht, an zwar e Personal, wat sech wierklech deem Contrôle, deem Avis an och eventuell deem Agräifen do widme kann a wat net blockéiert ass déi ganzen Zäit mat Ordonnancé stempelen. Dat hutt Der jo ewell héieren, datt mer däraart vill, ech weess net, aner Professionen am Land hunn, déi fir alles eng Autorisatioun brauchen, déi Autorisation préalable du contrôle médical. Also muss ee Kolleg, eng Kollegin vum Contrôle médical do sinn, déi seet, dat do ass richteg.

Ech ginn lech e Beispill. Jee nodeem wat fir ee Verband Der moies ëm zwou Auer bei engem Patient un engem Enkel macht oder soss; sidd Der der Meenung, e bräicht eng elastesch Bind, fir de Bauch ze halen, wann d'Träipen erauskommen, wann en eng Événtratioun huet, wéi een dat nennt, also e Broch, da muss do eng Autorisation du contrôle médical kommen. Dat muss ee wëssen.

Mä déi sinn awer net do! An der Nuecht ass de Contrôle médical net ze errechen, samschdes net a sonndes net. An da maachen ech dat dann alt emol. Ech weess jo net, ob de Patient et erëmbezuelt kritt, a vu datt de Bändel aus mengem Schaf kënnt, weess ech och net, ob ech e jeemools erëmbezuelt kréien. Wann et en Acrylic ass, also, deen d'Sportler kafe ginn - ëmmerhi kascht esou e Bändel 18 bis 20 Euro -, da kann et sinn, datt e fort ass. Dat ass alles ënner dem Contrôle médical.

An da sollen zur gläicher Zäit déi Leit do nach esou eng wichteg Aarbecht maachen, fir de Patient kennenzeléieren, fir seng Problemer kennenzeléieren an do wierklech dann Déciounen ze huelen.

Also, ech ka mer net virstellen, datt déi Leit, déi elo zousätzlech agestellt ginn, datt dat der ze vill sinn, fir e Contrôle médical richteg effikass un d'Fonctionnéieren ze kréien. Et geet emol nach net duer, well da muss mer se vun deem administrativen Unfug do onbedéngt befreien.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Edy Mertens** (DP).- Also, déi Astellungen, soen ech op alle Fall, si batter néideg, fir de Fonctionnement weider ze garantéieren.

An da besonnesch déi psychesch Krankheete maachen hei de Prozentsaz hier, déi jo zouhuelen a leschter Zäit um Aarbechtsplaz, duerch Mobbing, duerch soss Geschichten, déi op der Aarbechtsplaz virkommen. Dat weess de Contrôle médical net. Dat weess awer, ënner Secret professionnel geschützt, säin Dokter. An dat kënnt vir.

Dat hat ech x-mol an hat et nach viru Kuerzem, datt moies en Aarbechter bei lech kënnt a seet: „Wësst Der, wat mir elo geschitt ass? Ech sinn an de Betrib erakomm an ech hunn de Betrib betratt an ech war awer der Meenung, et wär besser, ech géif d'Camionnette nach tanke goen, do hat ech dat séier gemaach, am gudde Sënn, fir de Betrib. Ech kommen eran, spréngt de Patron viru mech a seet: „Häss de gären eng mat der Madrill widert de Kapp? Du flitts elo direkt hei eraus. Elo ass et fäerdeg.“ Aacht bis zéng Joer do geschafft, ni sech eppes zuschold komme gelooss! A wou fannen ech elo Protektioun? Wat kann ech elo séier maachen, fir net tatsächlech hei erauszefflaten an dann dobauseen ze sinn, well ech si mer kenger Schold bewosst?“ Da sëtzt deen do an da fänkt deen un ze kräischen.



A wat maache mer dann? An da kënnt dat, wat ech ewell eng Kéier hei op dëser Plaz gesot hat, da kënnt dee gudden Hausdokter, dee schreift dann e Krankeschäin, wou en nach muss kucken, wat en op de Krankeschäin schreift. E ka jo net drop schreiwen: „Ma, ech mengen, den Arbeitgeber, dee muss a psychiatresch Behandlung goen oder soss iergendeppes.“ Mä dat ass d'Wierklechkeet dobaussen, wéi mir se begéinen. An ech mengen, do kann een dann och déi eng oder déi aner Kéier duerch d'Fangere kucken a kucken, datt dee Fall sech dann zum Gudde léist.

Ech wor eng Kéier an där Kommissioun hei, déi sech domat beschäftegt huet, an du wor ech der Meenung, mam Kontrolldokter zesummen, mam Här Direkter, mat deem hunn ech einfach esou en Austausch gehat, wou ech gesot hunn: Solle mer net eppes schaffen, wou grad bei deenen dote Fäll, den Aarbechter kann Hëllef kréien? Wirklech eng Hëllef, wou iergendee Gremium zesummekënnst tëschent engem Fachmann, dat kann dann e Psycholog, e Psychiater vum Contrôle médical sinn, dem Patron an dem Arbeitnehmer, fir eng Léisung ze fannen? Well heiansdo ass et eng Emotioun, heiansdo geschitt et einfach esou, an 48 Stonnen oder eng Woch méi spët deet et dem Patron leed an e seet: „Ëm Gottes Willen, deng beschte Leit kann s de hei op déi Aart a Weis awer net lass ginn. Dat wier wirklech schued.“

D'Missioun vum Contrôle médical, déi gi mat dësem Projet de loi net méi, wéi aktuell, an engem eenzegem Artikel am Detail opgeléicht, mä déi gi méi generell an eenzelnen Article formuléiert. An esou soll och erreecht ginn, datt den Text méi prezis gëtt an datt dee Contrôle médical sech op déi Aarbechte ka konzentréieren, déi wirklech wichteg sinn, wat de Moment, leider, wéi ech virdru gesot hunn, net esou ass.

Esou soll sech de Contrôle médical just nach op d'Prestatioun vum der Sécurité sociale an net méi op d'Aarbechtsmedezin, d'Réinsertion professionnelle, d'Preventioun bekëmmern an all déi Saachen, déi do kommen, déi op där enger Säit jo vun der Médecine du travail kënne gemaach ginn, wou ech lech ka soen: Verglach mam Contrôle médical hu mer do 70 Dokteren am Land, 70 Medeziner. Ech mengen, et sinn der 70 vun der Aarbecht, a mer hunn awer nëmmen e puer Medeziner vum Contrôle médical. An da solle se deenen nach deelweis d'Aarbecht matmaachen. Dat ass wirklech net méiglech.

Jiddwereen, deen elo an deem Secteur ënnerwee ass, weess, datt d'Sécurité sociale eleng ewell méi wéi déi aktuell Ressourcë vum Contrôle médical an Usproch hält. An ech hat lech e puer Beispiller ginn. Dat sinn der awer natierlech nëmmen e puer, well jo och op där anerer Säit de Contrôle médical net nëmmen d'Patiente kontrolléiert, mä de Contrôle médical ass och do, fir d'Dokteren ze kontrolléieren, fir d'Prestataire, net nëmmen d'Dokteren, d'Masseuren an esou virun, Infirmieren, ob och déi Prestatiounen, déi do ausgestallt ginn, dann och de Règles de l'art entsprechen an datt dat uerdentlech gemaach gëtt, ouni Verschwendung an esou virun. „L'utilité est le nécessaire.“

An do gëtt et ganz komesch Geschichten, wou ee sech heiansdo och freet, wéi dat méiglech ass. Doriwwer hunn ech mech och ewell x-mol geiergert: Firwat muss dann elo do eng Demande kommen? Wann ech samschdes an engem Haus gesinn, datt de Mann, deen 93 Joer al ass, schwächlech, awer eng fieberhaft Bronchite huet, an ech ginn him dann e Baxter am Haus mat engem Antibiotique - ech nennen nëmmen een hei - wéi Augmentin, da gëtt dee Baxter net genehmegt. Dee muss deen an enger Intensivstation kréien. Dat musst Der lech emol virstellen. Owes ass en 30.000 Euro lass, well da gëtt jo nach vun der décker Zéif bis zu den Hoerwurzelen alles ënnersicht, wann een dohinnegeet. Do si Saachen, déi kéint ee verbesseren, an déi wäerte hoffentlech och hei mat deem Gesetz verbessert ginn, well déi Kolleginnen a Kollegen am Contrôle médical méi Zäit kréien, fir sech dorëm ze këmmern.

Wichtig ass och ze erwähnen, datt de Contrôle médical am Kader vun deenen Incapacités de travail indemnisées während der Période de suspension de l'indemnité pécuniaire seng Missioun a puncto Evaluatioun/Autorisatioun an och Kontroll ausüben kann. An ech fannen dat ganz gutt esou, well et kéint jo emol sinn, datt gemengt gouf: Ma, säit där neier Legislatioun mam Statut unique hu mer

et jo esou, datt déi éischt 13 Wochen, ech menge 77 Deeg, bezuelt gi vum Patron, an datt do - jo, da waarde mer emol, mir hunn op där anerer Säit nach genuch Aarbecht mat deenen aneren Demanden -, datt do vläicht e bësse Rücksicht geholl gouf, datt do vläicht net esou kontrolléiert gouf, wat elo awer eriwuer ass.

An dann, eppes ganz Wichteges, dat ass déi Geschicht, dat hate mer och an där Sitzung besprach, wou ech do wor, dat ass mat deem berühmte Rapport R4. Deen ass einfach këschtlech. Dat heescht, wann de Patient méi laang krankgemellt ass wéi zéng Wochen, dat heescht gewéinlech ewell no där véierter Woch, déi um Krankenziedel steet, kritt de Patient dann ee Formular R4 heemgeschéckt vun der Krankekeess. Vu datt en dann net doheem ass, ech weess net, wou en ass, läit deen R4 hannert der Auer, Steeauer - wéi nennt een dat? -, um Dësch oder am Frigidaire, ech weess net wou, mä wann e 14 Deeg ofgelaf ass, zéng Deeg, dann taucht de Patient an enger Opreegung sonnergläichen op: „Ech krut e Rappel, si hätten onbedéngt gären den R4. Ass dat dat hei?“ An dann ass en an engem Zoustand mat Kaffisflecken drop, dass een emol net méi weess, wéi s de dee solls ausfüllen. Deen Ziedel ass wirklech onméiglech, wou een dann alles muss opféieren, wat de Patient ewell hat an ob en Accidenter hat, an hin, an hier.

Da kënnt dat, wat de Kolleg vum Contrôle médical mir gesot hat an där Sitzung, wou mer woren: „En ass unleserlich. En ass unbrauchbar. A mir brauchen en iwwerhaupt net.“ Well gewéinlech huet sech jo bei enger méi langer Krankmeldung deen Dossier geféllt och op der Krankekeess, an déi Leit do, déi sinn net op de Kapp gefall, dat sinn Dokteren, déi kënnen dat ganz genau kontrolléieren, an de Rapport, deen de Patient kritt vum Röntgen an esou virun, vum Laboratoire, kënne se interpretéieren genausou gutt wéi mir.

Dofir géif ech och virschloen, wat vläicht an Zukunft kënnt, datt een dee Rapport, deen R4, vläicht kéint opdeelen: een R4, hunn ech mer hei opgeschriwwen, zum Beispill fir normal Accidenter, Autosaccidenter, d'Trap erofgefall an esou virun, dann e Rapport fir Accidents de travail.

Op där enger Säit: Wat hat de Patient? Eng Operatioun. Wann ech natierlech e Kriibs operéiert krut vum Mo, dann ass meng Krankmeldung eng aner, wéi wann ech eng Gastroskopie gemaach krut a schwaachgefall sinn, dräi Deeg duerno.

Dann hu mer: Ass et eng Maladie? Een R4 fir Maladie. Dat ka ganz komplizéiert ginn. Do muss ech op d'internistesche Untersuchunge waarden, op e ganze Koup aner Saachen nach.

Also, et wier ganz gutt, wa mer déi Rapporte géifen opdeelen. Da wéisste mer och, datt den Dokter d'Méiglechkeet hätt vum Contrôle médical, vill méi séier ze schaffen an och d'Prozedur ze accéléieren - dat Nächst, wou am nächste Projet elo driwwer geschwat gëtt - vum Reklassement, well, an do wor all Mënsch averstanen, dat wor eng ganz flott Kommissioun - wéi gesot, ech wor nëmmen een Dag do -, mä do koumen ewell ganz gutt Iddien op, nämlech, datt den Dokter jo ewell weess, de Kontrolldokter, wat aus deem Patient gëtt.

Wann ech e Patient hunn als Kontrolldokter, deen dräimol Staangen an de Réck ageplant krut, ënnen, a Pufferen a kënnschlech Bandscheiben, jo, dee schécken ech net Pavée leen! Oder e schafft beim Dépositaire a muss schwéier Këschten dorëmmer schleefen, da weess de Contrôle médical, menger Meenung no, genausou gutt wéi ech et weess als Dokter vun deem Patient: Ma, hei muss eppes geschéien, dat do ass sennlos, mir müssen e Reklassement maachen.

Natierlech, ech sinn absolutt fir e Reklassement. Net all Mënsch soll an eng Invaliditéit geschéckt ginn an dann doheem setzen an net méi wëssen, wat e mécht, mä fir déi Aarbecht, déi de Patient awer ausgeübt huet, ass en eventuell net méi ze gebrauchen. An ech mengen, do kréiche mer duerch dat Gesetz awer eng flott Beschleunegung vun de Prozeduren an déi Reklassementer, souwuel intern wéi extern, kéinten dann och méi séier iwwert d'Bühn goen.

Dann, och wann den Absentéismus zu Lëtzebuerg an der Moyenne manner héich ass, wéi elo grad gesot - et gouf 3,7%, am Ausland 4% -, ass den Absentéismus awer net ze vernoléisseggen. An ass nach ëmmer do. Ech kann lech awer als en Hausdokter, deen nach vill schafft, soen: Esou schlëmm ass et net. Also, et soll kee mengen..., ech kéint lech ganz Beruffssparten nennen, do gëtt et keen Absentéismus. An den Absentéismus, mengen ech, dee kennt Der ewell direkt, wann de Patient

zur Dier erakënnst, an d'Kollege vum Contrôle médical genausou. Dofir brauch ee kee ganz grouse Spezialist ze sinn.

Wat anescht ass, dat sinn déi Problemer mat Mobbing, mat Iwwerforderung an esou virun. An dofir justifiéieren ech d'Astellung och vun deene Psychologen, déi do sinn. An ech mengen, wann ech richtig verstanen hunn, gëtt och e Psychiater agestallt. Et ass ewell e Psychiater am Contrôle médical dran, deen natierlech..., well virdru gefrot gouf, d'Psychologen hätte keng Ausbildung oder keng Befugnis, fir dat an dat ze maachen, mä ech mengen, fir datt d'Psychologe se awer betreie kënnen, dat wier eng grouss Hëllef och fir de Contrôle médical an haaptsächlech och fir en Dokter.

Also, dat si ganz wichteg Punkten, déi ech hei opgezielt hunn. Ech wëll nach zum Schluss soen, datt mat där Reform, déi elo kënnt, déi ech mer Zäit geholl hunn, elo ganz duerchzeliesen, ech awer Hoffnung hunn, datt an der Administratioun vum Contrôle médical, an dat ass et jo awer schliisslech, dat ass eng staatlech Administratioun, vläicht do en Organ entsteet, en Organ ze fannen ass, herno, wat eng wonnerbar Relatioun mécht tëschent de Prestatioun vum der Krankekeess, vun der Pensiounskeess, tëschent deem, wat eis all hei... Mir si jo praktesch ewéi am Schläraffenland zu Lëtzebuerg, dat muss een emol eng Kéier soen, vis-à-vis vum Ausland. Mir hunn all Méiglechkeeten opgemaach. Ech mengen, et entsteet en Organ, wat sech elo méi Zäit kann huelen, fir déi eenzel Punkten duerchzegoen, ze kucken: Wat maachen ech mat deem dote Patient?

An ech wëll hei nach eng Kéier betounen: Et ass net amüsant fir e Patient, fir bei de Kontrolldokter ze goen. Dat ass eng fierchterlech Opreegung, déi gleeft vläicht keen heibannen. Ech mengen, mir sinn da gewinnt, iergendwou hinzegoen, mä déi Leit sinn an esou enger Opreegung. Dat Éischt, wat se kréien, ass en Ziedel heem, do steet emol drop: „Dir musst sämtlech Rapporte matbréngen.“ Da schellt erëm den Telefon. „Wat muss ech hunn?“ „Jo, dann huet Der dat an dat mat. An da gitt Der dohinner.“ „Jo, wat muss ech dann do maachen?“ Also, Dir kennt jo deen Dokter net, deen do sëtzt an een ënnersicht. Ech kann lech awer soen, datt an 99% vun de Fäll déi Kolleginnen a Kollegen dat korrekt maachen. An anere Fäll, sou wéi de Patient et verzielt, ass et net korrekt.

An do soen ech ëmmer, dat ass erwähnt ginn och vum Här Halsdorf: Hei ass et immens wichtig, datt Kontakt opgeholl gëtt tëschent dem Kontrolldokter an dem Médecin traitant, well, wéi et richtig ass, huet de Kontrolldokter sech net anzemeschen an den Traitement vum Médecin traitant, dat ass ganz richtig, mä ech kann lech soen, ganz dacks sinn ech awer ugeruff gi vum Contrôle médical a viles huet sech do erkläert, oder den Dokter gouf richtig doriwwer informéiert, em wat e geet. An ech mengen, do kënne mer dann och erausfilteren, vill méi séier, déi Leit, déi wirklech net grad dat hunn, wat se do virtäusche vläicht am Contrôle médical.

Well ech wëll jo net hei soen, datt et dat guer net gëtt! Dat gëtt et och nach. Mä ech wëll awer soen, datt den Hausdokter oder den Internist, wien et dann ass, heiansdo Schwierigkeiten huet, domat ëmzegoen, well, Dir wësst jo ganz genau, wéi et ass, de Patient ass net un eis gebonnen. Da seet deen lech riicht an d'Gesicht: „Jo, wann s du dann de Krankeschäin net verlängers, da ginn ech bei deen nächsten.“

Ganz flott ass et jo bei de Spezialisten. D'Spezialisten, déi gesinn de Patient, si operéieren en, da schreiwen déi dat drop, wat se müssen, a soen: „Wann Der nach eppes braucht, da gitt Der bei den Hausdokter zréck.“ An da geet et lass. Da brauch den Hausdokter och ewell eng grouss Erfahrung, well wann deen natierlech, wéi ech virdru gesot hunn, manuell schafft, an dat zitt deen an der Leeschtegigend nach ëmmer, datt e seet: „Wann ech mech opriichten, dat zitt do.“ Jo, normalerweis, hu mir geléiert, ass et a sechs Wochen verheelt. Mä et kann awer och nach zéien an zwee Méint. An dann huet e vläicht Angscht, d'Wonn fiert op oder soss iergendeppes, wou en dann erëm Kontakt mam Spezialist muss ophuelen. Also, ech fannen, d'Kompositioun vum Contrôle médical mat Spezialisten derbäi ass fir eis dobausse sécherlech och eng grouss Hëllef.

An et wäert dem Patient hëllefen. Dovunner sinn ech fest iwwerzeegt, well ech si jo och derfir, datt mir, medezinesch gesinn, als Dokteren, sollen un där Invalidité médicale festhalen. Déi ass et jo emol eng Kéier ginn. Déi gëtt et jo, eng Invalidité médicale vu 66,66%. De Patient kann dee leschte Beruff, deen en hat, net ausüben. A mir sollen net verfallen an eng Invalidité sociale, wou wirklech den Hausdok-

ter zwar dovun Bescheid weess, mä ech mengen, d'Krankekeess ass awer net déi Léisung, fir d'Problemer tëschent dem Arbeitnehmer, dem Arbeitgeber a sonsteg Problemer, déi do sinn, ze léisen.

Esou sinn ech wirklech der Meenung, datt dat klappe wäert. An ech selwer wëll en Appell maachen, ech mësche mech awer och net an an d'Organisatioun vum Contrôle médical, mä heiansdo ass et awer och esou, datt Saache kommen, déi een och net versteet. Also, wann ech awer weess, datt ech een..., ech huelen emol un, Dir krut iergendeppes op de Fouss. De Fouss ass gedehnt. Et gëtt gesot, et geet nach net besser a 14 Deeg. Jo, da muss mer, laut moderner Medezin - oder huele mer besser de Knéi nach -, no modernster Medezin, awer soen, da sécheren ech mech of, ech froen eng IRM.

Mä do muss ech lech soen, Här Minister, et wär besser, mir géifen eng IRM beim Contrôle médical installéieren mat engem Radiolog do dran. Dat géif sécherlech d'Krankeschäiner, d'Durée vun der Krankmeldung massiv verkierzen, well Dir waart nun emol zwee bis dräi Méint op eng IRM. Déi Leit, déi eng Urgence hunn, déi komme vir, Schlaganfall, schwéier Accidenter an esou virun. An dat hunn ech nach net verstanen. Wann dann de Patient kënnt a seet: „Ech hu zitt telefonéiert op Tréier.“ Oder op Baaschtnech oder ech weess net, ob do een ass, zu Sankt Vith op alle Fall. „Jo, do krut ech gesot vum Kontrolldokter: ‚Dat geet net, Dir musst waarden.‘“ Also, fir zwee Méint dann ze waarden. An déi Prolongatioun ass eventuell vun der Incapacité de travail dann zwee Méint nach méi laang. Dat verstinn ech net! Do wier ech frou, a vläicht geschitt et jo elo, well de Contrôle médical sech vill méi Zäit huele kann, fir mat deem eenzelne Patient doriwwer ze schwätzen, em wat et geet, an da vläicht ze hëlfen, datt et an där Hisiicht e bësse méi séier geet.

Da wëll ech soen, datt et mir net schrecklech Angscht ass, wat d'Autorisatioun soss ubelaangt, wat den Traitement à l'étranger ubelaangt. Den Här Halsdorf hat do virdrun dervu geschwat.

Mä, Här Halsdorf, Dir wësst et och, wann Der mat Kollege schwätzt dobaussen: Et gëtt sécher Fäll, déi dramatesch verlaf sinn, där Fall, déi vläicht net esou gutt operéiert goufen. Mä Dir woort och zu Stroosbuerg, Dir hutt och mat Medeziner geschwat an hutt dat selwer gesinn.

Ech hunn och viles am Ausland gesinn, wat net gutt ass. An ech als Dokter kann lech versécheren, wann ech net hei muss eng Häerztransplantatioun gemaach kréien, da kuckt nëmmen eise Service cardiologique, deen en exzellente Ruff a ganz Europa huet op alle Konferenzen! Kuckt all déi aner Saachen! D'Bestrahlung - do muss een deene Leit villmools Merci soen, déi virdrun hei woren, och der Regierung, datt si se ëmmer um neiste Stand gehalten huet. Esou schlecht sinn eis Klinicken net. An esou schlecht sinn eis Operateuren an Dokteren och net.

Ech mengen, et ass éischter dat, wat d'Leit dobausse spieren. Also, ech loosse mech hei behandeln, wann et nëmme geet, well do sinn ech och nach sécher, datt deen, deen et mécht, ausgebildete Spezialist ass, an net den Assistent vum éischte Joer, well dat kann lech och nach passéieren. Oder et ginn ewell esou Wahnsinnen, datt, fir eng Waarzel op der Stier ewechzuschneiden, een op Nanzeg fiert. Also, dat si Saachen, mat deene kann ech wirklech net averstane sinn.

Also, ech sinn op alle Fall zouversichtlech, datt eise Contrôle médical... Bis elo wor et nach ëmmer ganz rapid gaangen, datt d'Pabeieren an d'Rei gemaach ginn. Ech hat et gëschter nach mat enger Madame, déi an den Institut Bordet op Bréissel muss goen, wou een och vläicht hätt kënne soen: „Neen, dee Broschtkriibs, dee kann hei behandelt ginn.“ Do wor absolutt keng Diskussioun. Et ass en invasiven. D'Madame ass Belsch, si wunnt hei am Land, do war awer absolutt kee Problem. D'Pabeiere sinn an d'Rei gemaach ginn. Also, ech kann net soen, datt do Saache wirklech esou verhënnert gi wieren, déi am Ausland besser gewiescht wieren.

Ech jiddefalls bleiwen am Land. An et ass mir fir d'Zukunft net baang. Ech wëll just, datt och an Zukunft nach eng Kéier eppes geschitt, wat d'Organisatioun vun der Medezin, dovun hat Der och geschwat, ugeet. Do kann ee mat-schwätzen. Do ass munches ze maachen, mat den Direkteren zesumme vun de Spideeler, vläicht déi eng oder déi aner méi astellen oder mat de Raimlechkeeten. Do kéint een eventuell nach viles drun änneren. Mä ech fannen, datt dat hei awer elo emol endlech e Schratt ass an déi richtig Richtung, e gutt Gesetz.

Ech wëll dem Här Rapporteur villmools Merci soe fir dee gudde mëndlechen a schrëftlechen



Rapport. An ech ginn dann och den Accord vun der demokratescher Fraktioun. Merci villmools.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Edy Mertens. An den nächste Riedner ass de Gérard Anzia.

► **M. Gérard Anzia (déi gréng).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no där geballter medezinescher Kompetenz vu mengem Virriedner wäert natierlech elo hei nëmmen e blasse Schiet kënnen un dës Mikro trieden. Merci dem Georges Engel fir säi ganz detailléierte schrëftleche Rapport an och fir säi ganz detailléierte mëndleche Rapport an enger Matière, déi awer, fir een Netmedeziner, ganz komplex ass.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Loosst Iech net vum Riedner stéieren!

► **M. Gérard Anzia (déi gréng).** - Ech géif dann och datselwecht maachen a weiderschwätzen. «Soigner mieux en dépensant mieux» - ni plus ni moins - ass d'Leitmotiv vun dësem Projet de loi, mat enger Redefinition vun der Missioun vum Contrôle médical de la sécurité sociale, als Complément, wéi et virdru scho gesot ginn ass, zum Gesetz vun der Reform am Gesondheetsystem vun 2010.

D'Aufgabefeld vum Contrôle médical wäert sech an Zukunft also op d'Prestatioun vun der Sécurité sociale begrenzten, an Oeffnung vun der Aufgabe vun der Médecine du travail.

Wat sinn elo déi Missiounen? Ech ziele se nach eng Kéier op, obwuel natierlech d'Virriedner dat scho gemaach hunn, se schéngen mer awer wichteg: d'Bewäertung an d'Kontroll vun der Versécherten, d'Bewäertung an d'Kontroll vun der Prestataire, d'Berodung vun der Gesondheetskeess - der CNS -, d'Berodung vun der Versécherten, wa se dat dann ufroen a wëllen.

Als Expertenteam am medezinesche Beräich spille se also eng wichteg Roll fir d'Prise en charge vun der Versécherten am Sënn vun enger adaptéierter an ekonomesch sënnavoller Medikatioun.

Des Weideren, d'Bewäertung an d'Kontrollfunktion och am Fall vun den Incapacités de travail indemnisées. Ech ginn elo net op den R4 an ähnlech Rapporten am Detail an, dat fënnt een alles am Rapport, respektiv dat huet och dann de Rapporteur schonn hei ugedéit.

Huet de Contrôle médical dann elo déi noutwendeg Moyenen, fir all déi Missiounen ëmzesetzen? Wat hu mer dann do als Moyenen? Ënner anerem hu mer eng Opstockung an Neiopstellung vun der Équipe vum Contrôle médical. Geet dat elo duer? Neen, sécherlech brauche mer och nach eng Simplification administrative.

Mir brauchen eiser Meenung no och sécherlech en Accès op den Dossier médical vum Assuré, natierlech mat deem sengem Averstännis. Dat muss natierlech dann iwwer e sécuriséierten Zougang geschéien, am Respekt natierlech och vum Dateschutz. Et schéngt eis awer eng ganz wichteg Donnée an dësem Beräich. Een Eckpunkt vun dëser Reform ass jo och déi renforcéiert Kooperatioun zwëschen dem Contrôle médical an der Gesondheetskeess. Dat ass en Eck- an Dréipunkt, fir dass dës Reform an der Praxis och gräife kann.

Ass dann elo jiddwereen zefridde mat dëser Reform vum Contrôle médical a sengen neie Missiounen? Mä natierlech net! Wéi ëmmer geet deem engen dat net wäit genuch an deem anere geet et ze wäit.

Ze wäit geet - an dat liest een am Avis vum Collège médical, ech zitieren - „déi onzouläseg Amëschung an d'Relatioun Patient/Dokter .

Bon, als Netmedeziner stellen ech mer dann elo d'Fro: Fäert do een d'Berodung, eventuell d'Kontroll duerch seng eege Confrères? Esou gëtt dem Contrôle médical an dësem Avis déi noutwendeg praktesch a klinesch Kompetenz ofgeschwat oder op d'mannst gëtt dës Kompetenz a Fro gestallt. Matière à réflexion!

Vill Detailer, dat hat ech virdru scho gesot, si vum Rapporteur gesot ginn, an ech wëll aus deene ville Saachen nëmmen een Aspekt erausfëschen. Wichteg si fir déi gréng an der Opstockung an an der Ergänzung vun der Équipe vum Contrôle médical déi fënnf Psychologen. Net, well dat eng Berufsgrupp ass, déi eis elo ganz sympathesch wär, neen, mä domat gëtt u sech d'Realitéit vum Terrain vun der Krankheetsfäll berücksichtegt.

Klammer op: Am Joer 2014 hate mer en Taux d'absentéisme vun 3,64%, souwuel wat d'Résidenten ugeet wéi wat Netrésidenten ugeet, dee méi niddreg ass wéi 2013 an och 2012. Dovunner waren - dat ass elo eng aner Donnée, wéi de Rapporteur se genannt huet - 17% op Depressiounen an aner Pathologien am Zusammenhang mat Stress a Mobbing zréckzeféieren. Et ass also absolut noutwendeg an

huet misse kommen, dass, a mir begrëssen dat och ausdrécklech, dass dës Krankheetsfäll am Projet de loi Rechnung gedroe gëtt duerch déi aner an opgestockten Zesummesetzung vum Contrôle médical.

Ech si gëschter bei der Recherche op e ganz flotte Pabeier gestouss, an zwar ass dee vun der Inspection générale de la sécurité sociale erausgi ginn. Dat ass de Cahier APERÇU n°4 vum Juni 2015, wou grad d'Detailer erëmzefanne sinn iwwert den Taux d'absentéisme. Do ass virun allem, wat mech elo interesséiert huet, dat ass, hei hunn ech d'Säit iwwerschräwen, Säit 12 vun dësem Cahier. Do hu mer u sech e Graphique, wou u sech e bëssen opgehouert ass, wat dann d'Ursaache si vum Taux d'absentéisme an d'Opdeelung pro Secteur, an awer och pro Ursaach.

A wann ech nach eng Kéier ganz spezifesch op deen Deel vun den Depressiounen an autres pathologies liées au stress, Mobbing an esou weider aginn, dann hutt Der do an der Moyenne en Afloss vu 17% vun deem Krankheetsbild. Dat ass awer ganz variéiert jee no Secteur. Dat geet vun zirka an der Moyenne, wou net esou vill Variatiounen sinn, vu 14 bis 21%. Spannend gëtt et awer, wann een do kuckt, wat fir Berufsgruppen e bëssen erausfallen, no ënnen oder no uewen. No ënnen erausfallen, mat 7% nëmmen an där Pathologie - natierlech sinn aner Pathologien do méi staark vertrueden: Agriculture, sylviculture et pêche.

Ech wosst jo ëmmer schonn, dass Fësche berouegend wier, also och kee Stress verursaache géif. Spaass op der Säit!

Dir fannt och en ähnlechen Taux mat 9% an der Konstruktioun, wou natierlech awer all déi Maladies vum System, wat elo de Schankebau ugeet, natierlech iwwerweien.

Erausstécht awer do ee Secteur. Dat ass de Secteur vum Immobilier mat 34% vu Fäll, déi op Stress an ähnlech Pathologien zréckzeféiere sinn. Domat ass et also ganz kloer a wëssenschaftlech bewisen, dass zu Lëtzebuerg d'Baupräisser an de Secteur krank maachen a Stress verursaachen. Ech hunn et ëmmer vermutet, hei ass et dann elo nach eng Kéier schrëftlech festgehalten.

Zum Schluss, Här President,...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ech sinn hei.

► **M. Gérard Anzia (déi gréng).** - Ass kee Wiessel do?

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Stärkung vun der Moyene vum Contrôle médical de la sécurité sociale mat der Zilsetzung, besser ze behandelen an déi finanziell Mëttele besser anzesetzen am Kontakt an am Intérêt vum Patient, gëtt mat dësem Projet de loi festgeschriwwen a fënnt natierlech d'Ënnerstützung vun der grénge Fraktioun.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Anzia. An d'Wuert huet direkt de Gast Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Och vun eiser Säit aus Merci un de Kolleeg Georges Engel fir säi gudde Rapport, sou wéi mir dat vun him gewinnt sinn, deen en haut de Mëtteg och hei gemaach huet.

Ech mengen, et ass elo praktesch alles schonn zu dësem Projet de loi, eiser Meenung no, gesot ginn, engem Projet de loi, deen eiser Iwwerzeegung no an eng gutt Richtung geet a mir wäerten och dofir d'Zoustëmmung zu dësem Projet ginn.

Ech wëll just hei zwou, dräi kleng Iwwerleeungen nach mat erabréngen. Déi éischt ass, wat d'Opstellung vum Contrôle médical ubelaangt. Ech mengen, et ass scho relativ impressionnant, déi Zuel vun zousätzleche Leit, déi derbäikommen. Mir sinn awer der Meenung, dass dat scho berechtigt ass, esou vill Leit bäizesetzen.

Mir wëssen och op där anerer Säit, dass d'Zuel vun eise Salariéen enorm an d'Luucht geet, dass d'Saachen, d'Kankheeten net méi einfach, mä méi komplizéiert ginn. Mir schwätzen hei vu fënnf Psychologen, déi bäikommen. Ech kommen dorop zréck. An ech mengen, duerch déi Opstockung kann ee sech erwaarden, dass net nëmmen d'Qualitéit mä och den Déroulement an och d'Berodungen, dass dat alles besser gëtt, an alles dat kann een nëmme begrëissen.

Den zweete Punkt ass, wa mer haut soen, dass mer müssen am Contrôle médical fënnf Psychologen astellen, well eben déi Krankheete rapid an d'Luucht gaange sinn a praktesch iwwer 20% haut duerstellen, da muss dat eis awer och ze bedenke ginn, dass mer an enger Gesellschaft liewen, wou de Stress oder de Mobbing op der Aarbechtsplaz esou zougehoelt hunn, dass mer esou vill Leit hunn, déi domad-

der musse behandelt ginn, a mer da konsequenterweis och hei am Contrôle médical opstocke mussen.

An ech mengen hei, wa mer dat feststellen, da misste mer eis och iwwerleeën, méi konkret iwwerleeën, wat mer deem Phänomeen do müssen entgéintsetzen. Et ka jo net sinn, dass mer nëmme feststellen, dass do eng onwahrscheinlech Progressioun ass an dass mer da méi Leit hei astellen, wat muss sinn, mä ech mengen, mir missten d'Ursaachen eraussichen an och déi bekämpfen, well, wann ee kuckt, a wat fir engem Zäitraum déi enorm Progressioun do stattfonnt huet, dann ass dat wierklech erschreckend, dann ass dat wierklech erschreckend! A wann dat an déi Richtung weidergeet, da musse mer eis ganz vill Froen stellen.

An dofir mengen ech, Här President, wieren den Här Minister a mir alleguer gutt beroden, fir eis méi mat deem Phänomeen do ze beschäftegen, d'Ursaache konkret eraussichen an, hoffen ech dann och, déi néideg Weeër ze fannen, fir deem entgéintzewierken.

E weidere Punkt, deen ech nach wëll uschneiden, dat ass och mat dem Contrôle médical. Mir héieren dacks, wann ee mat Doktere schwätzt, dass se net averstane si mat deem Avis, deen de Contrôle médical vis-à-vis vun hirer Feststellung, vun hirem Avis ofgëtt. Et ass méi komplizéiert nach, mengen ech, wann et e Spezialist ass, e Spezialist, deen eng Feststellung mécht an da vun engem Dokter, deen déi Spezialisatioun net huet, vläicht en Avis kritt, deen dann anerer Meenung ass.

Elo doduerch, dass mer eng relativ grouss Zuel vun neie Leit do erakréien, awer net, mengen ech, weider Spezialisten, mä méi Generaliste wäerten dat ginn, mengen ech, gëtt dee Problem net geléist.

Et kann een natierlech net hei am Contrôle médical vun all Spezialisatioun e Spezialist astellen, well da géif d'Zuel nach enorm grouss ginn.

Mä misst awer net eng Regel sinn, dass, wann eng Feststellung gemaach gëtt vun engem Spezialist, dass dann och misst vun engem Spezialist op deemselwechte Gebitt, op deemselwechten Niveau en Avis vum Contrôle médical sinn? A misst et net, wann de Contrôle médical dann deen net intern huet, wat verständlech ass, misst dat dann net erausgoen, delokaliséiert gi bei en anere Spezialist hei am Land oder am Ausland? Mä et schéngt mir awer normal ze sinn, dass Expertisen, Avisen, dass déi nëmme kënnen op engem Niveau geschéien. An dann hätte mer, menger Meenung no, och eng ganz Rei vun Diskussiounen dann aus der Welt schafe kënnen, wat elo am Abléck de Fall ass.

Dann - ech mengen, de Kolleeg Halsdorf hat dat ugeschwat - erhoffe mer, erwünsche mer eis, dass och déi Leit, déi en Handicap hunn an duerfir gären hir Kaart hätten, dass mer duerch dës Opstockung och elo méi schnell do Resultater kréien, well och do héiert een nach ëmmer vu Leit, dass dat eng relativ langwiereg Affär ass, bis se hir Pabeieren hunn.

Dat si just e puer Bemerkungen, e puer Froen. Mä generell gesinn, wéi ech dat am Ufank gesot hunn, ass dat hei e gudde Projet an e fënnt dofir eis Zoustëmmung.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Gibéryen. De leschte Riedner ass de Serge Urbany.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Merci, Här President. Mat deem Gesetz hei kritt de Contrôle médical méi Personal an och méi Kontrollfunktioneen an e kritt se, fir kënnen méi käschtespuerend am Gesondheetswiesen ze agéieren. De Rapport seet däitlech, dass et ëm eng Maîtrise des coûts geet. Dat ass den Haaptobjekt vun deem Gesetz hei, eiser Meenung no. Et ginn agestallt, et ass scho gesot ginn hei, 13 nei Kontrollereen, en Attaché de direction, e Pharmacien-inspecteur - déi Al hu se iwwerens erausgehait, déi do waren, muss een och soen, déi laang do geschafft hunn -, fënnf Psychologen, en Infirmier, fënnf Expéditionnaires.

Et ass schonn hei vun der Psychologie geschwat ginn, déi jo noutwendeg wieren, well 24% vun der Krankmeldungen, esou hunn ech dat gelies am Projet, zréckzeféiere wieren op Mobbing a Stress. Déi Kontrolldokteren an déi Psychologie sinn natierlech net do, dat muss een awer och derbäisoen, fir déi Facteuren an der Betriber, déi krank maachen, fir déi ze behiessen. Si hunn natierlech kee Recht, fir an der Betrib ze goen, fir do Kontrollen ze maachen a fir do ze kucken, dass déi Facteuren, déi krank maachen, och erëm verschwannen. Dofir hu se keng Befugnisser. Dat ass jo kloer.

Déi Kontrolldokteren, déi Psychologie sinn do, fir d'medezinesch Käschten ze iwwerwaachen, déi an deem Kontext vu Mobbing a Stress méi

der Krankeversicherung entstinn. A si erfëllen hir Missioun net op d'Käschten vun der Krankeversicherung an och net op d'Käschten vun deenen, déi do drabezuelen, dorënner och d'Patronen, mä si erfëlle se op d'Käschten vum Stat.

De Contrôle médical ass net, wéi ee kéint mengen, en Organisme vun der Sécurité sociale, mä et ass eng Statsverwaltung. Déi Statsverwaltung soll nei Befugnisser no deem Gesetz hei bäikréien. Déi Befugnisser waren an der ursprénglecher Fassung vum Text ganz wäit gefaasst, wat och menger Meenung no op der Geescht, deen eigentlech deem Gesetz do zugronn läit, gewësse Réckschlëss erméiglecht.

Ursprénglech war zum Beispill geplangt, dass d'Kontrollereen ouni Umeldung tëschent 8.00 Auer an 18.00 Auer bei all Dokter, bei all Prestataire, an all Spidol onverhofft kënnen eraugen an do Dokumenter verlaangen, Dokumenter, déi se iwwerens souwisou musse kréien, wa se se ufroen, haut schonn.

Zweetens ass och do virgesi gewiescht, dass se tëschent 8.00 an 18.00 Auer kënnen an e Spidol goen, fir dee Patient, deen do läit, ze ënnersichen, ouni Umeldung. Op Oppositioun vum Statsrot ënner anerem ass déi éischt vun deene Mesurë komplett verschwonnen an déi zweet ass ofgeschwächt ginn, an deem Sënn, dass d'Kontrolldoktere sech virdru musse beim Direkter vum Spidol umellen, wa se e Patient besiche ginn.

An ech froe mech eigentlech, firwat se müssen an e Spidol goen. Ech mengen, et ass jo kloer, wann een an engem Spidol läit, dann ass e krank, e ka sech och net déplacéieren an ech mengen, eleng de Beweis, dass e krank ass, geet jo schonn doraus ervir, dass en hospitaliséiert ass. Ech hunn dofir ni verstanen, firwat déi Visite vun der Kontrolldoktere sollen an der Spideeler geschéien.

Och déi drëtt Bestëmmung, déi och eigentlech, menger Meenung no, op dee gewësse Gescht, dee Kontrollgeescht do, deen iwwerzunn Kontrollgeescht hindeit, ass erausgeholl ginn, och opgrond vun engem Avis vum Statsrot. Sou konnten zum Beispill d'Kontrolldoktere, de Contrôle médical ongefuerdert an direkt mat Patient schwätzen, mat deenen emol schwätzen iwwer hir Behandlung an deenen emol vläicht soen, dass hir Behandlung eigentlech misst „dans la plus stricte économie compatible avec l'efficacité des traitements“ erfollegen. Dat ass Gott sei Dank verschwonnen, och well d'Doktere selwer, d'Dokteschorganisatiounen net domat d'accord waren, well se et zu Recht ugesinn hunn als eng Amëschung an hire Beruff.

Elo kënnen d'Kontrolldokteren, wa se gefrot ginn ausdrécklech vun engem Patient, ëmmer nach och eng Diagnos maachen oder eng Meenung iwwer en Traitement äusseren. Ech fanne perséinlech, dass dat eng gutt Léisung ass, déi do fonnt ginn ass. Et muss ee soen, dass dës Projet de loi och verbessert ginn ass an der Prozedur. Dat treëft net onbedéngt op deen nächsten zou, dee mer diskutéiere wäerten.

Et ass trotzdem ze fäerten, mengen ech, dass den Ausbau, an där Form, wéi en hei geschitt, vum Contrôle médical, awer d'Befierchtung bei mir ervirriff, dass do eng Usine à gaz soll geschafe ginn, déi der Regierung soll erméiglechen, vill besser d'Hand ze halen op d'Käschtenentwécklung am Gesondheetssektor.

An ech mengen, wann ech de Regierungsprogramm liesen, da geet dat jo och eigentlech doraus ervir. De Regierungsprogramm schwätzt vun Économies substantielles, déi solle gemaach gi bei der Reform vum Contrôle médical. Et gëtt och ëmmer erëm gefuerdert vu Bréissel an deene Recommandatiounen, déi do gemaach ginn, dass ee misst d'Käschtenevolusioun am Gesondheetssektor besser ënner Kontroll kréien.

Ech sinn net onbedéngt géint Aspuerungen. Ech fannen och, dass Aspuerunge kënnen sënnavoll sinn. Mä ech mengen awer, dass an deem Gescht, wéi ee se hei vläicht gesäit, se net ëmmer am Interessi vum Patient sinn, an ech gleewen och prinzipiell net drun, dass ee prinzipiell mat Manner ka méi erreechen am Interessi vum Patient.

Dat Käschtespueren ass och eigentlech kloer beim Hauptpunkt vun dëser Reform: Dat ass d'Interventioun vum Contrôle médical während der Lohnfortzahlung. Et ass eigentlech nach relativ weening doriwwer geschwat ginn. Hei gëtt och kloer gesot, dass seet d'Regierung zum Beispill an hirer Antwort am Semestre européen, dass et drëm geet, fir och



d'Mutualitéit vun de Betriber ze entlaaschten, déi jo déi Lohnfortzahlung während deenen éischten dräi Méint an de Betriber mécht.

Elo soll de Contrôle médical scho ganz fréi kënne sech do amëschen, Leit och ruffe fir e Contrôle, a wann da festgestallt gëtt, dass laut Contrôle médical se apte wieren, fir hir Aarbecht ze maachen, da bënnst och déi Décisioun de Patron an de Salarié. De Salarié muss schaffe goen an de Patron kann da soen, dass hien ophält, elo de Loun weiderzebezuelen, well et jo kloer wier, dass de Salarié jo net méi krank wier.

Wann en tatsächlech jo net méi krank ass, dann ass dat jo eng gutt Saach. Mä et kann awer och dacks sinn, et kënnst och dacks vir, vill Décisioun vum Contrôle médical ginn och ëmgedrëit am Conseil arbitral an de Juridictione vun der Sécurité sociale. Et kann och sinn, dass de Salarié awer net der Meinung ass, dass en erëm apte wier, fir schaffen ze goen, dass e Recours mécht virum Conseil arbitral.

Dann ass dach eppes Positives an Neies hei an deem Gesetz dran, dat ass, dass déi Period vu sechs Méint, wou een normalerweis Kënnungsschutz huet, wann ee krank ass, dass déi verlängert gëtt, bis dass eng definitiv Décisioun gefall ass. Dat ass positiv. Den Hoken ass just, während där Zäit huet een natierlech keen Akommes, och wann herno, wann ee Recht kritt, dat Akommes erëm nodréiglech hiergestallt gëtt, doduerch dass d'Mutuelle dann och de Loun nodréiglech bezilt. Mä et ass een an engem Aarbechtsverhältnis dran. Et huet een och kee Recht op de Cômage, well et huet ee jo en Aarbechtsverhältnis. Et kann een also net sech als Chômeur während där Zäit aschreiwien, déi awer ganz laang dauere kann, wann een déi ganz Prozedur bis zum Enn geet. Ech froe mech iwwregens, ob een den RMG kritt während där Zäit. Dat ass mer net ganz kloer.

Op jidde Fall wäert dat d'Leit net incitéieren, fir an deene Fäll an der Krankheet ze bleiwen, mä vill Leit wäerten dann erëm schaffe goen, obscho se eigentlech nach krank sinn. An ech fannen, dat ass net gutt an net richtig. Dat hëlleft iwwregens och der Krankekeess Sue spueren, net nëmmen der Mutuelle. An ech mengen, hei ass e Fall, wou de Salarié eleng de Risiko vun enger Prozedur dréit, an ech fannen dat net gutt.

Da kënnst nach derbäi, dass och hei net drasteet, wat mat dem Contrôle geschitt, deen de Patron organiséiert vun der Krankheet, well Dir wësst jo, dass d'Patronen och kënnen e Salarié bei e Kontrolldokter vun hinne selwer schécken. An d'Jurisprudenz ass leider esou, dass dann, wann de Salarié den Zertifikat bréngt vu sengem Dokter, dass dann de Patron ee ka brénge vun engem Kontrolldokter vun him, deen de Contraire seet. Dann ass nach näischt geschitt. Mä wann en en zweete bréngt, da sinn zwee Zertifikate géint een an et ass am Fong geholl eng Course, eng Vites-course herno, wien déi meeschten Zertifikate bréngt a wien een Zertifikat méi bréngt wéi deen aneren. An dat ass eng ongesond Situation.

An ech fannen, dass et ëmsou méi eng ongesond Situation ass, wa mer elo gläichzäiteg dee Contrôle do aféieren duerch de Contrôle médical. An op d'mannst hätt hei misse gesot ginn, dass déi parallel Medezin do, déi vun de Patronen organiséiert ass, déi déi och wëllen onbedéngt bäibehalen, dass déi domat elo eriwwer ass. Dat geschitt awer hei net. Au contraire, déi Fro gëtt opgelooft!

An am Fong geholl ass domat dat erreecht, wat d'Patronatsorganisationen ëmmer wollten. Si hunn ëmmer vun engem „double trigger“ geschwat, vun enger „double détente“, engem System vun „double détente“, wou se d'Méiglechkeet hunn, ze spillen tëschent dem Contrôle médical an hirem eegene private Contrôle. An an deem Contrôle selwer kënnen se dann och natierlech Licenciementer maachen an da sinn d'Leit dobaussen an hunn näischt dovun.

Duerfir menge mer, dass, global gesinn, dëst Gesetz e schlecht Gesetz ass, an duerfir kënnen mer dat Gesetz och net stëmmen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Urbany. Mir sinn domat um Enn vun der allgemenger Diskussioun ukomm an den Här Sozialminister huet d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Romain Schneider, Ministre de la Sécurité sociale.** - Merci, Här President, fir d'Wuert. Ech géif fir d'Éischt emol vun dëser Plaz aus engersäits dem Rapporteur félicitéieren fir dee

schrëftleche Rapport, mä virun allem och de mündleche Rapport, deen en hei eriwwerbruecht huet. Ech mengen, en huet a kuerze Wieder engersäits den Objet vun dësem Projet de loi eriwwerbruecht, virun allem awer och definéiert, wat an Zukunft ganz kloer d'Missionne vum Contrôle médical sinn, awer och d'Ausrichtung sinn. Duerfir, mengen ech, kann ee sech opgrond vum Rapport wierklech ganz kloer orientéieren, fir d'Wichtigkeet vun dësem neie Gesetz ze gesinn.

Ech soen och der Kommissioun vun der Sécurité sociale an dem Travail Mercier, déi a ville Sitzungen hei un dësem Projet geschafft huet, déi flott intervenéiert huet. A wéi vu ville Riedner gesot ginn ass, gouf dëse Projet am Laf vun den Diskussiounen, am Laf vun de Sitzungen mierklech verbessert op enger ganzer Rei vu Punkten.

E gouf och verbessert op enger Rei vu Punkten, déi opgeworf goufe säitens vum Statsrot, soudatt mer, mengen ech, hei en neit Gesetz iwwert de Contrôle médical hunn, iwwert de Fonctionnement, iwwer seng Missionen, dat deem Rechnung dréit, wat mer jo och generell amgaang sinn ze maachen an deem ganze Volet vun der Sécurité sociale, sozialer Sécherheet engersäits, awer och a Verbindung mat der Aarbechtswelt op där anerer Säit, mam Travail a mam Emploi.

Dat heescht, dass mer dat probéieren an Zukunft eben och fir d'Ofsicherung vun eise Systemer, souwuel deem vun der Assurance maladie/maternité wéi op där anerer Säit och vum Pensioonsystem, dass mer kucken, esou vill wéi méiglech d'Leit an der Aarbechtswelt ze behalen, ënner natierlech deene Bedéngungen, wéi se et kënne maachen, mat deene Fäegkeeten, déi se hunn. An duerfir ass grad dee Punkt ee vun deene wichtegen, an dee wëll ech erauszéien.

Dann, wa mer schwätzen iwwert d'Reform vum Contrôle médical, déi op enger Säit, mengen ech, d'Missionne feststellt, wéi ech gesot hunn, an déi nei Missionen dobäigëtt, mä ass eng Mission sécher a wäert ëmmer déi bleiwen, duerfir heescht e jo net fir näischt „Contrôle“, ech mengen, dat ass de Contrôle evidenteweis. Dat ass de Contrôle awer an engem Mooss, dass ech selbstverständlech och viru probéieren, Gerechtegkeet doranner ze kréien, ze kucken, dass ee wéi deen aneren d'selwecht behandelt gëtt, an dann, wa muss sanktionéiert ginn, dann och sanktionéiert gëtt.

Ech mengen, et ass awer och ganz kloer hei erausgaangen, an ech mengen, dat ass och ganz kloer an de Sitzungen erausgaangen, dass de Patient am Mëttelpunkt soll stoen an dass et ëm de Patient geet an eng richtig Orientéierung vum Patient, an déi richtig Conseile un de Patient matzäit solle geschéien. Ech mengen, dat ass eng vun de wichtegen Neierunge an deem Gesetz, déi mer erëmfannen, dass d'Leit éischter kënnen d'Salarié gesinn, fir se richtig ze orientéieren, och medezinesch richtig kënnen ze begleeten a selbstverständlech ëmmer, esou wéi dat och mam Contrôle médical ass, dat an Zesummenaarbecht mat dem behandelnden Dokter, net géint hien, mä zesummen dat ze maachen, am Interessi vum Wuelbefanne vum Patient op där anerer Säit.

An ech mengen, dass dat geléngt. Dat gesäit een och an de leschten Zuelen, déi een erëmfënnt. Ech kommen herno kuerz op den Absentéismus zrëck. Mä ech kommen awer och virun allem drop zrëck, wann ee gesäit, dass een och d'Entwécklung vun deenen eenzelnen Invalidépensionen huet, an op där anerer Säit awer och gesäit, an dofir ass et jo gutt, dass mer haut och zesummen dëst Gesetz mat deem Projet de loi vum Reclassement interne an externe hei stëmmen, dass dat zesummegehéiert, well ech mengen, et ass evidenteweis esou, dass, wa mer d'Leit zur richtigen Zäit gesinn, dass mer se mat Zäit aus der Krankmeldung eraushuelen, fir hinnen eng nei Orientatioun ze ginn, dass mer dann och d'Chance hunn, dass mer se kënnen an der Aarbechtswelt behalen engersäits, andeems mer eben e Reclassement interne proposéieren, respektiv op där anerer Säit virun allem och se kucken a mat Zäit evaluéieren, ob déi Persoun effektiv invalid ass an net méi ka schaffen. Dat hëlleft och der Persoun am eegene moralesche Bewosstsäin, mengen ech, virunzekomme an net hei iwwer laang Prozeduren ze schleefen. An ech kommen herno och nach eng Kéier kuerz op déi ugesprachen 52 Wochen hei zrëck.

Et ass awer och esou, dass an dësem flotten Débat, dee mer och de Mëtteg hei haten, vill Punkten och wäit iwwert de Kader vun dësem Gesetz vum Contrôle médical eraus ze fanne sinn. Et si ganz vill Punkten, déi hei erausgoungen iwwer net nëmmen d'Prise en charge, mä generell d'medezinesch Versuergung hei am Land an doriwwer eraus, wéi

adaptéiert et ass, Leit, Patienten hei ze behandle respektiv am Ausland ze behandeln.

Do just eng Zuel, déi weist, dass op kee Fall geschafft gëtt dogéint, respektiv blockéiert gëtt, fir Leit an d'Ausland ze transferéieren: Emmerhi sinn 2014 14.000 Transferten an d'Ausland genehmegt ginn, wat also eng enorm Zuel ass a wou ee gesäit, dass also hei am Interessi vum Patient et all Kéiers gesi gëtt an op kee Fall ee Blocage an dësem Beräich ass.

Datt de Contrôle médical, mengen ech, gutt funktionéiert, huet domadder och ze di gehat, dass mer scho matzäit och probéiert hunn, och d'Personal esou opzestocken, elo schonn, an dat ass richtegerweis hei gesot ginn, dass mer am Kader vun der Direktiv, wat d'Droits des patients ubetrëfft, schonn zwee Leit zur Verfügung gestallt kruten.

Dofir war ech jo och, Här Halsdorf, domat d'accord, dass vun deene 15 virgesinne Medeziner elo am Endeffekt der nëmmen 13 zrëckbehalde goufen. Mir hunn also am Kader vun eisen Debatten dës Zuel adoptéiert a si selbstverständlech zrëckgaangen op déi 13, fir dann eben 13 plus 2, 15 ze hunn an dann eben och deem Rechnung ze droen, well et ass eis bewosst, dass grad déi Personalopstockung keng Exploisoun vun de Käschte soll ginn.

Dat gëtt och keng, well wann een op där anerer Säit gesäit, wéi engersäits, wann duerch déi richtig Uwennung vum R4 eng ganz Rei vun Aspuerunge gemaach ginn, dann ebe virun allem awer och opgrond vun der Orientéierung vun de Leit an dass se éischter kënne gesi ginn, och hei, mengen ech, eng ganz Rei vu Gelder kënnen agespuert ginn, gëtt dat mat Sécherheet eng Balance, déi drakennt, sécher net am Ufank, mä éischter iwwer eng moyenne Période.

Et ass jo evident, dass all déi Leit, déi elo sollen agestallt gi vum Contrôle médical, net vun haut op muer zur Verfügung stinn, well effektiv sinn dat meeschtens Spezialisten, déi musse gesicht ginn. An ech mengen, hei ass och eng Sisypusarbecht, déi leeft, soudatt ech hoffen, dass mer iwwert déi nächst Joren dës Leit fannen.

An et ass genaousou, wéi et hei gesot gouf: Mir brauchen an Zukunft och eng Rei Spezialisten, déi deenen neie Krankheitsbilder entsprechen, déi also och d'Leit kënne ënnersichen op déi Facteurs, déi hei ugeschwat gi sinn, sief et Stress, sief et Mobbing op der Aarbechtsplaz, also all déi Facteurs, wou mer d'Patienten, wou mer d'Assurée musse gesinn, fir se dann och engersäits richtig ze beuerten, mä virun allem och richtig opzefänken.

An hei, mengen ech, gesäit ee richtegerweis grad, dass mer virun allem en Absentéismus hunn - an et sinn eng Rei vun Zuelen, déi hei genannt goufen, wéi effektiv den Absentéismus hei zu Lëtzebuerg ass -, deen op engem ganz niddrigen Niveau ass - dat ass richtig gesot ginn - par rapport zu eisen Nopeschlänner, och dat muss een eng Kéier ganz haart soen, an dass mer souguer vun 2013 op 2014 eng liicht Baisse haten, soudatt mer an der Tëschenzäit vun 3,73% zrëckgaange sinn op 3,64%, wat eng éischte Kéier zënter 2006 ee Réckgang ass.

Et ass awer och richtig, dass grad déi Beräicher, déi ugeschwat goufen, déi vu Stress, déi vu Mobbing, déi vu physischer a psychescher Belaaschtung, dass déi amgaang sinn, sech ze stabiliséieren, awer sech ze stabiliséieren op engem relativ héijen Niveau.

An dofir hu mer jo och dat Gremium, de Groupe de haut niveau absentéisme (veuillez lire: Groupe de haut niveau Observatoire de l'absentéisme), dat regelméisseg zesummekënn - dat, mengen ech, eng leschte Kéier zesummekoum den 8. Juni 2015 -, wou mer net nëmmen engersäits d'Zuele kucken, wéi den Absentéismus sech an deene Joren entwéckelt, mä wou mer och kucken, wat Piste sinn, déi mer zesumme mat de Sozialpartner kënnen elaboréieren, fir deem entgéintzegoen.

Dat ass sécher e bessere Fonctionnement vum Contrôle médical, wat ee vun de Punkten ass. Dat ass op där anerer Säit awer och: Wéi kënne mer Incitativ schafen, fir dass mer ganz einfach déi heite Problemer évitéieren, souwuel bei den Assurée wéi och bei den Employeuren? An dofir si mer amgaang, eng ganz Rei vu flotte Projeten de Moment auszeschaffen, déi mer eis ginn hunn, déi mer wäerten am Hierscht erëm eng Kéier mat de Sozialpartner diskutéieren an déi de Moment vun der IGSS ausgeschafft ginn, fir dann ze kucken, net einfach ze probéieren, den Absentéismus erofzedrécken, neen, fir effektiv de Problem an d'Kärfro ze beschaffen an och opzeschaffen, soudatt mer och hei, mengen ech, déi gutt Resultater eraus kënne kréien, déi ech an der Tëschenzäit amgaang sinn ze entwéckelen.

Wat d'Problematik ubetrëfft - wat eng war, déi sech e bësse wéi e roude Fuedem duerch déi zwee Projet-de-loien durchgezunn huet - vun den 52 Wochen, 52 Wochen, déi d'office eigentlech e CDI-Kontrakt auslafe loossen, mengen ech, ass et esou, dass mer eng Léisung fonnt hunn. Selbstverständlech muss een där (veuillez lire: där Problematik) Rechnung droen. An déi Fäll, vun deene mer hei geschwat hunn - an ech mengen, mir hu geschwat vun 240 (veuillez lire: 270), wéi am Rapport steet -, do kann een effektiv herno déi Fäll, déi och wierklech erëm fäeg sinn, fir op dem Aarbechtsmaart ze bleiwen - et geet jo ëm déi -, erauskristalliséieren, déi och duerno erëm kënne schaffe goen an déi och duerno erëm kënnen an der Aarbechtswelt sech betätegen; do leie mer ëm déi 40 Fäll.

An ech mengen, no enger éischter Ronn, déi mer gedréit hunn engersäits an der Tripartite, wou et festgeschriwwen gouf, ass et diskutéiert ginn am Comité permanent du travail et de l'emploi, duerno och nach eng Kéier am Groupe de travail „protection sociale“, dee mer geschafen hunn am Kader vun der Tripartite. An do hunn d'Sozialpartner sech engagéiert, am Kader vun der CNS eng Léisung zesummen ze fannen, fir ze kucken, wéi effektiv hei déi Indemnité pécuniaire, déi elo scho virgesinn ass, kéint verlängert gi laut de Statute vun der CNS, an do, wou een ënner bestëmmten Émstänn kéint Verlängerunge maachen, fir déi eng länger Period ze maachen, fir eben deenen eenzelne Salariéen d'Chance ze ginn, déi eng gewëssen Zäit nach méi brauchen, fir iwwert déi 52. Woch ze kommen, fir erëm fit ze si fir op den Aarbechtsmaart, fir deenen och wierklech déi Chance ze ginn an ze loossen, dass een dat ka réaliséieren.

Alles dat, mengen ech, huet als Zil virun allem och, dass een, deen eng länger Krankheet hat, och en Objektiv muss hunn, dass en net vun engem Dag op deen aneren niewent senger Krankheet och keen Aarbechtskontrakt méi huet an dann de Wee an de Chômage muss sichen. Ech mengen, dass d'Zil dovunner, an esou wéi ech d'Tripartite verstanen hunn, ass dat och d'Zil vun den eenzelne Sozialpartner. Dofir sinn ech iwwerzeegt, dass mer an deenen nächste Wochen an och an deenen nächste Méint zousätzlech Konklusiounen wäerte bréngen. Mir hunn eis do als Date limite den Oktober ginn, wann d'Tripartite eng nei Kéier zesummekënn, fir dann och e konkret Resultat kënnen ze presentéieren.

Ech muss soen, dass dat ee vun deene wichtige Punkten ass, déi mer mat Sécherheet och parallel zu dësem Projet matdiskutéiert hunn an, mengen ech, wat och eng gutt Léisung ka bréngen. An Zukunft ass et, wéi gesot, och esou, dass de Contrôle médical nach besser wäert opgestallt ginn.

Ech muss soen, dass de Contrôle médical en exzellente Fonctionnement huet, wou eng gutt Zesummenaarbecht an der Tëschenzäit och ass mat de behandelnden Dokteren, awer och mam Collège médical op der Plaz, dass mer an deenen nächste Wochen a Méint, Jore souguer, och musse kucken, dass mer déi richtigen Spezialiste fannen, déi och hei hir Aarbecht kënne leeschten. Ech sinn iwwerzeegt, dass eis dat ka geléngen. An ech sinn och an deem Sënn frou, dass dëse Projet de loi, mengen ech, eng ganz grouss Zoustëmmung säitens vun dësem Parlament fënnt an dass mer heimadder also och kënnen dëse Projet de loi schnellstméiglech ëmsetzen.

Wann Der erlaabt, Här President, vläicht nach kuerz zur Motioun, déi eragereecht gouf, eng Motioun, déi mat Sécherheet eng ganz Rei vu Punkten enthält, déi sënnavoll sinn. Mä wann ee se eenzel belicht eng Kéier, mengen ech, sinn dat Saachen, déi am Prinzip lafen de Moment. Et sinn effektiv gutt Ureegungen, wann Der zu Recht sot: Wann de Contrôle médical elo fonctionnéiert, musse mer deen eng Kéier bilanzéieren. Richtig!

Am Virfeld dozou bei de Considérant sot Der, dass mer virdrun hätte misse e Bilan maache vun der Reform, ier mer dat heite gemaach hunn. Dat ass eng Diskussioun, déi mer an der Chamberskommissioun gefouert hunn, wou mer der Meinung waren, mir sollten net nach waarden, ier mer eng Reform vun dësem Contrôle médical géife maachen. Mir sollen e virun allem och parallel maache mat dem Gesetz iwwert de Reclassement. An dofir grad, mengen ech, si mer haut an der Chamber, fir dëst Gesetz ze stëmmen. An ech mengen, et wier ze fréi, fir op dësem Punkt elo schonn e Bilan ze maache vun engem Gesetz, dass mer elo stëmmen. Do kann een au fur et à mesure kucken, wéi d'Saach sech entwéckelt.

Eng zweet Invitatioun un d'Regierung ass déi, fir e Plan hospitalier opzestellen. Ech mengen, do ass d'Santé de Moment amgaang, dass ze maachen. Och dat leeft; déi Aarbecht ass amgaang sech ze dunn.



A wat d'Introductioun ugeet vun enger neier Nomenclature, lafen och hei d'Aarbechten. Dir wësst, datt déi Aarbechten net esou einfach sinn, well hei eng ganz Rei vun Opschaffunge vun deenen eenzelnen Nomenclaturé sinn. Mä och do ginn d'Aarbechten zügeg virun, genau wat d'Transparenz vum Finanzement vum System ubetrëfft. Och hei, mengen ech, geet et jo drëm, datt mer eng Rei vu Mechanismen abauen hin zu enger Documentation hospitalière, ënner anerem, virun allem och den Ausbau awer vun enger Agence eSanté, déi soll fonctionnéieren. Alles dat sinn Elementer, déi amgaang sinn ze lafen. An dofir mengen ech, datt hei richteg drop higewise gouf, datt et awer ze fréi ass, d'Regierung nach eng Kéier opzefuerderen zu eppes, dat se ounideem amgaang ass ze maachen.

Dofir géif ech d'Chamber opfuerderen a soen, datt dat heite vu mir aus de Moment superfétatoire ass an datt een dofir soll ofwaarden, bis déi eenzel Prozesser lafen. A wann dann effektiv hannendru keng konkret Mesurë kommen, da kann een déi hei Motioun nach ëmmer eng Kéier opgräifen.

Ech soe Merci fir d'Nolauschteren, soe Merci fir déi breet Zoustëmmung an ech sinn iwwerzeegt, datt mer op Basis vun dësem flotte Projet de loi zesumme mam Reklassement, dat mer elo wäerten diskutéieren, och eng gutt Orientatioun vun de Salariaë wäerte fannen an domat och kënnen dozou bäidroen, datt mer méi Leit an der Aarbechtswelt behalen an domat och eng gewëssen Zefriddenheet bei jiddwerengem kënnen schafen.

Ech soe Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Här Minister, erlaabt Der eng Bemierkung vum Jean-Marie Halsdorf, Auteur vun der Motioun?

► **M. Romain Schneider**, *Ministre de la Sécurité sociale*.- Selbstverständlech.

► **M. Jean-Marie Halsdorf** (CSV).- Merci, Här President. Ech kann dat, wat de Minister elo hei gesot huet, novollzéien. Mä et wär awer vläicht interessant, well grad d'Madame Gesondheetsminister net hei ass, dass ee vläicht eng Kéier géif déi Motioun an déi zwou Kommissiounen verweisen, et géif een eng Kéier eng Réunion jointe maachen an et géif een dann zesummen de Point maachen op den eenzelne Punkten. Dat wier am Intérêt vu jiddwerengem; dann hätte mer Transparenz, wou déi Dossieren dru sinn, well et jo awer e Ganzt ass, an ech mengen, dat wär net onsënneg, wann een dat géif maachen.

Dat wier eng Proposition, déi ech géif maachen: kéint een dat net an d'Kommissiounen verweisen, an déi zwou, et géif een eng Kéier eng Jointe maachen, déi zwee Ministere wäeren do - Dir wäert do an d'Madame Gesondheetsminister -, an da géif een de Point maachen?

► **M. Romain Schneider**, *Ministre de la Sécurité sociale*.- Bon, ech mengen, datt de Moment, wéi ech gesot hunn, fir mech dës Motioun eng Motioun ass, wou sécher an engem gewëssene Sënn eng Logik hannendrun ass, mä zu engem richtigen Zäitpunkt (veuillez lire: mä datt et net de richtigen Zäitpunkt ass). Ech mengen awer, datt d'Regierung an deenen nächste Méint wäert liwweren hei, sou datt ech géif bei menger Proposition bleiwen a soen, datt zu dësem Moment och an de Kommissiounen dës Froe jo ëmmer kënnen opgehäit ginn. Wa Kommissiounen sinn, kann d'Fro jo deenen zoustänneg Ministere gestallt ginn an der Sécurité sociale respektiv och an der Santé. Mä ech mengen, datt mer dofir net müssen de Moment elo speziell eng Commission jointe maachen.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Minister. Domat si mer um Enn vun den Diskussiounen iwwert de Projet ukomm. Mir stëmme fir d'Éischt iwwert de Projet de loi of an da komme mer zur Motioun, wann ech mech net ieren.

(**Assentiment**)

Also géife mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6656 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6656 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

De Projet de loi 6656 ass ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen bei 2 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par Mme Diane Aehm), Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mo-

sar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par Mme Cécile Hemmen), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Serge Urbany et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(**Assentiment**)

Da soen ech Merci. Domat ass de Projet dann ugeholl.

A mir géifen zur Motioun iwwergoen, wou de Minister Stellung geholl huet a wou den Här Halsdorf eng Propos gemaach huet.

Au vote?

(**Assentiment**)

Vote sur la motion 1

Okay. Da gi mer zur Ofstëmmung iwwer. Déi, déi mat der Motioun averstane sinn, stëmme mat Jo. Déi, déi net domat averstane sinn, mat Neen. D'Procuratiounen. De Vote ass eriwuer.

23 Deputéierten hu mat Jo gestëmmt, 34 mat Neen, bei 3 Abstentiounen. Domat ass d'Motioun ofgelehnt.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par M. Laurent Mosar), Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet.

Ont voté non: MM. Marc Angel (par Mme Cécile Hemmen), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Lex Delles), Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Serge Urbany et David Wagner.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Mir géifen dann zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen, datt ass de Projet 6555 iwwert de Reclassement professionnel. An hei, am Garde-à-vous, steet schonn de Rapporteur, den Här Frank Arndt. Här Arndt, Dir hutt d'Wuert.

6. 6555 - Projet de loi portant modification du Code du Travail et du Code de la sécurité sociale concernant le dispositif du reclassement interne et externe

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

► **M. Frank Arndt** (LSAP), *rapporteur*.- Merci, Här President, fir déi léif Wieder. Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 6555, wéi vum President ugekënnegt, ass iwwert d'Reklassementsgesetz. Bon, d'Reklassementsgesetz ass ee Projet, deen 2013 déposiert gouf vun der leschter Regierung, ënnert der LSAP/CSV-Regierung, an dunn op den Instanzewee bruecht ginn ass.

Dëse Projet de loi, deen erfuerdert, wéi vill Projeten, Kompromësser. Wéi wäit geet een? Geet en ze wäit? Geet een net wäit genuch? Dat gouf an der Kommissioun des Breederen an des Weideren diskutéiert. An et ass ee Kompromëss, denken ech, och erauskomm dobäi.

Wat wëlle mir mat dësem Projet de loi? Natierlech verbessern, d'Leit opfänken, ee soziaalt Netz fir d'Leit spaanen, déi net méi kënnen hir lescht Aarbecht maachen, hinnen d'Méiglechkeet ginn, fir hir Aarbechtsplaz oder hir Aarbechtszäit esou unzepassen, fir weider kënnen am Betrib ze schaffen, oder awer hinnen hëllefen, fir eng aner Aarbecht ze fannen, déi hire Capacitéiten entsprécht. Dat war an et ass d'Zil vum Reklassementsgesetz, dat duerch dëse Projet de loi nach emol soll reforméiert a verbessert ginn.

De Projet de loi iwwert de Reklassement, e puer Fakten: Déposéiert gouf en de 14. Mäerz 2013 vum Minister Nicolas Schmit, d'Avise sinn erakomm vun der Chambre des Salariés, der Chambre des Fonctionnaires et des Employés publics, den Avis vun der Chambre des Métiers an den Avis vun der Chambre de Commerce, och d'Avise vum Conseil d'État sinn erakomm, zweemol. Um Ordre du jour vu sechs Réuniounen stoung dëse Projet de loi. D'Analys ass gemaach ginn. Den Avis vum Conseil d'État an duerno d'Adoptioun vun enger Serie vun Amendementer si gemaach ginn. An de Rapport ass ugeholl ginn op den 29. Juni 2015.

De Projet gesäit eng Partie Ännerungen a Verbesserung vum Reklassement vir, wéi zum Beispill een neien Zougang zu der Prozedur vum Reklassement iwwert déi medezinesch Ennersichung vum Aarbechtssdokter, eng Accélération vun der Prozedur, eng eendeiteg Präferenz fir de Reclassement interne. An Zukunft wäerten daitlech méi Entreprises ënnert d'Bestëmmung vun interne Reklassement falen. Parallell gëtt d'Taxe compensatoire eropgesat, déi als Sanction virgesinn ass.

De Projet de loi féiert ee regelrechte Statut a fir d'Salariéen am Reclassement externe. D'Berrechnung vun der Indemnité compensatoire, déi ee Lounausfall soll kompenséieren, gëtt méi einfach ze berechnen. Och op d'Indemnité professionnelle d'attente, déi e Reclassement externe ënner gewëssene Konditiounen zegutt huet, wann en um Enn vum Chômage keng nei Plaz fonnt huet, op déi gëtt an Zukunft cotiséiert. An ech denken, datt dat e grouse Virdeel ass, wann een zum Beispill de Fall hëlt vun engem 55-jähregen, deem säi Chômage eriwuer ass, an deen da bis 65 Joer misst waarden, bis e seng Alterspensioun kéint kréien, hei awer nach weider ka cotiséieren iwwert deen dote Wee an da mat 57 Joer respektiv mat 58 Joer seng virgezunnen Altersrent ka kréien.

Déi Leit am Reclassement professionnel externe, déi op der Sich no enger Aarbecht sinn, kënnen an Zukunft sougenannten Travaux d'utilité publique maache beim Stat, bei de Gemengen, Gemengesyndikater, Etablissement-publiken an de Fondatiounen. All reklasséiert Leit wäerten an Zukunft periodesch enger Réévaluation ënnerzu ginn a kënnen hire Statut verléieren, wa se erëm hir Capacitéiten zrëckgewonnen hunn, déi se virdrun hatten.

Ech wäert duerno méi am Detail op déi eenzel Mesuren agoen, wéi se fonctionnéieren an ënner wéi enge Konditiounen.

Nach e puer Wieder zum Historique: D'Geschicht vum Reklassement geet am Fong zrëck op een Uerteel vun der Cour de cassation vum 28. November 1996, déi deen deemolegen Artikel 187 vum Code des assurances sociales ansécht interpretéiert huet, wéi et bis dohinner de Fall war. Bis zu deem Moment ass een Assuré als invalid deklariéiert ginn, wann en net méi konnt dee Beruff ausüben, an deem hie bis dohinner geschafft hat, oder awer, wann en incapabel war, een anere Beruff auszeüben, dee sengen Aptituden entsprach huet. Et ass bis dohinner duergaangen, wann eng vun deenen zwou Konditiounen erfëllt war.

Nom besoten Uerteel awer huet een als Assuré missen déi zwou Konditiounen, also net méi kënnen eleng am Beruff schaffen an net kënnen an engem anere Beruff schaffen, erfëllen. Vun do u gouf d'Invaliditéit also vill méi restriktiv ausgeluecht an och zougesprach.

D'Konsequenz war, dass vill manner Assuréen an d'Invaliditéit erakoumen, an dat obschonns se déi Aarbecht, déi se virdru gemaach hatten, net méi konnte maachen, wat fir vill Assuréen schwéierwiegend Konsequenzen hat. Dacks si se vun engem Krankeschäin an deen nächste gefall, éier se sech bewusst gi sinn, dass se definitiv net méi esou récupéiere géifen, fir erëm wéi virdrun an hirem Beruff virunzeschaffen.

A wann dann no 26 Wochen de Kënnegungsschutz ofgelaf ass, da soutzen der vill vun hinnen op der Strooss. Chômage hate se jo keen zegutt, well een dofir jo huet müssen disponibel si fir den Aarbechtsmaart. An dat ware se jo net. A wann dann d'Recht op Krankegeld ausgelaf war, dann ass nach just den RMG bliwwen. Fir esou Situatiounen ze évitéieren an opzefänken, ass d'Gesetz vum 25. Juli 2002

iwwert d'Incapacité de travail an d'Réinsertion professionnelle ausgeschafft a gestëmmt ginn. Hei goug et drëms, fir dee soziale Schutz vun de Betraffenen ze verbessern a fir d'Salariéen esou gutt wéi méiglech um Aarbechtsmaart ze halen.

Zweemol gouf deemools nogebessert. D'Gesetz vum 21. Dezember 2004 sollt, oder besser gesot hat als Zil, dass d'Assuré besser a méi séier en charge konnte geholl ginn a bei déi passend Servicer orientéiert ginn.

Dee sougenannten R4 ass de Mëtteg hei vill ernimmt ginn. U sech war d'Iddi awer gutt. Et war dee richtige Wee, denken ech. Oft läit den Däiwel am Detail, wéi vum Dokter Mertens hei gesot ginn ass, mä awer dee richtige Wee war et op jidde Fall, well, wann et mat Zäit erakomm wier, dann hätt do och kënnen mat Zäit vum Contrôle médical scho reagéiert ginn.

D'Gesetz vum 1. Juli 2005 hat als Zil, virun allem de Krees vum Bénéficiairé méi grouss opzemaachen och fir déi Leit, déi ënner anerem an der Invaliditéit waren an net méi d'Konditiounen vun der Invaliditéit erfëllt hunn, also hir Invaliditer verluer hunn an da konnte vum Reklassement profitéieren.

Mä scho beim Vote vun dësen zwee Projete war ee sech bewusst, dass et fir dee Beräich kee Patentrezept gëtt, dass et esou vill Momenter a Punkte gëtt, wou verschidden Instanzen a Konditiounen müssen zesummespillen, dass et och an Zukunft néideg wier, fir de Gesetzter hir Implicationen, hir Knackpunkten an eventuell Effets pervers no enger Zäit ze ënnersichen an eventuell nozebesseren.

Et ass och dat, wat beim Vote vum Projet de loi 5322 gemaach ginn ass, wou de 15. Dezember 2004 an der Chamber an enger Motioun festgehalen gouf, ee Bilan ze maachen, deen och de Mëtteg hei e puermol ugeklongen ass, an eventuell Adaptatiounen an de Gesetzter virzehuelen, do, wou et néideg wier.

De Bilan vun der IGSS, der Inspection générale de la sécurité sociale, vum 4. Mäerz 2008 war duerchwuess. Verschidde Prozeduren konnten, opgrond vun deenen neie Gesetzter, verkierzt ginn, awer anerer hu weider geschleeft. Et huet sech och als néideg erweisen, fir d'Prozeduren an d'Décisionsprozess méi transparent ze gestalten a besser ze koordinéieren.

Am Groussen a Ganze gouf festgehalen, dass den externe Reklassement, also de Reklassement vun engem Assuré, dee seng lescht Aarbecht net méi ka maachen, ausserhalb vum ale Betrib, dee Wee ass, dee weiniger attraktiv war an net esou gutt fonctionnéiert huet. Fir d'Éischt emol ass et schwéier, fir en extern Reklasséierten eng nei Plaz bei engem neie Patron ze fannen, déi dann och nach senge Fäegkeeten a Capacitéiten entsprécht. An da war et bis elo esou, dass een extern Reklasséierten, wann en eng nei Aarbecht ugeholl hat an déi verluer huet, all seng mam Reklassement verbundene Rechter verluer huet.

Dëst sinn also déi Punkten, wou d'Reform usetzt, iwwert déi mir elo hei diskutéieren, an domadder, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wiere mer bei den Haaptpunkte vum Projet de loi iwwert d'Reform vum Reklassement. D'Reform mécht een neien Zougang, fir an de Reklassement ze kommen, parallell zu dem normalen Zougang, nämlech iwwert d'Ennersichung beim Aarbechtsmedeziner.

Zweetens. Bis elo war et esou, dass ee Patron mat méi wéi 50 Salariéen huet missen ee Salarié, deen inapte fir e Poste à risques deklariéiert gouf, am Betrib réaffectéieren. An Zukunft wäert et esou sinn, dass dorausser eng regelrecht Obligatioun fir e Reclassement interne gëtt, an dat ab 25 Salariéen.

Dat ass och generell deen neie Seuil, dee fir de Reclassement interne soll gëllen. Ab 25 Salariéen ass eng Firma gehalen, fir e Reclassement interne ze maachen, et sief si ka beweisen, datt et wierklech net geet. Bei deem Seuil vu 25 Salariéen ginn an Zukunft och net méi wéi bis elo d'Travailleur handicapés berücksichtegt. Dat huet sech nämlech bis elo ze vill oft zu hirem Nodeel ausgewierkt.

Ech hat d'Chance oder de Pech, an där Kommissioun iwwer Jore mat ze siéigéieren, an esou eng Fäll waren dann do, a wann de Seuil bis erreecht war, iwwert den Travailleur handicapé erfëllt war, dann hate mer Leit, déi mer net méi konnte reklasséieren intern, wou et awer nach wierklech méiglech gewiescht wär. Ech mengen, dat ass eng gutt Verbesserung dat hei.

Dës nei Bestëmmunge solle wierklech de Schwéierpunkt op den interne Reklassement